

Als Konklusioun soen ech, dass de Mëtteg wéineg gesot ginn ass, wat net deem entsprécht, wat den Terrain wëllt, an och net deem entsprécht, wat mer mat deem Règlement grand-ducal wäerte maachen.

Et ass héich Zäit, fir déi doten Ännerungen ze maachen, mä - an do stëmmen ech de Kolleegen, déi de Mëtteg hei intervenéiert sinn, alleguer zou -, wa mer dat Règlement hunn, wa mer déi Neiorientéierungen hunn, wa mer déi Kultur vun Zesummenaarbecht wëlle schafen, wa mer méi cibléiert wëllen un d'Problemer vun de Kanner erугоen, da brauche mer och d'Moyenen, fir dat doten ze maachen, an dat musse mer eis dann assuréieren an engem Mehrjoresplang zesumme mat den Acteuren, déi um Terrain sinn, well wa mer déi Moyenen net schafen, da kréien déi Acteuren och iergendwann eng Kéier d'Fleemm. Déi hu se awer am Moment net, an ech wëll hinnen en härezeleche Merci soe fir deen Engagement.

Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun der Interpellatioun vum honorabelen Här Krieps ukomm. Mir kommen dann zum leschte Punkt vun eiseu Ordre du jour vun haut, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi iwwert d'Integratioun. Et sinn ageschriwwen: den Här Bettel, den Här Angel, den Här Braz an den Här Henckes. D'Wuert huet elo d'Rapportrice, déi honorabel Madame Marie-Josée Frank.

7. 5825 - Projet de loi concernant l'accueil et l'intégration des étrangers au Grand-Duché de Luxembourg

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse

» Mme Marie-Josée Frank (CSV), rapportrice.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dee virleiende Gesetzesprojet, deen den 31. Dezember 2007 vun der Familjeministesch an der Chamber deponéiert gouf, huet als Objet, d'Integratiounsgesetz vum 27. Juli 1993 ze ersetzen a schaaft zousätzlech eng legal Basis fir den Office luxembourgeois de l'accueil et de l'intégration, deen den aktuelle Commissariat du Gouvernement aux étrangers ersetze soll.

Integratioun heescht Participatioun. Wien Integratioun fuerdert, muss e Matenee förderen. Et gëtt zum Begrëff Integratioun eng ganz Rei vun Definitiounen, ënner anerem déi vun Assimilatioun, wat dat-selwecht heescht wéi sozialen Zesummenhalt. Op EU-Niveau ass de Begrëff Integratioun awer ëmmer am Zesummenhang mat Immigratioun gebraucht ginn. An enger ganzer Rei vun EU-Memberstate gëtt et haut Immigratiounsministären an Integratiounsministären oder béid an engem Ministère.

Op wat et schlussendlech ukënnt, dat ass, wat mer dorënner verstinn, dat, wat mer bereet sinn doraus ze maachen. Duerfir ass et wichteg, an deem neien Text eng Definitioun vun der Integratioun ze ginn. D'Gesetz vun 1993 huet nämlech keng Definitioun.

Dorënner versti mir e Prozess, deen an zwou Richtunge geet: engersäits vum Auslänner, dat hie gewëllt ass, op Dauer aktiv um Liewen an der Gesellschaft deelzehuelen; an anerersäits vun der Gesellschaft, déi op soziale, ekonomeschem, politeschem a kulturellem Plang alles wëllt méiglech maachen, fir dat déi auslännesch Matbierger sech kënne gutt bei eis integréieren.

Et geet also ëm d'soziaalt Zesummeliewen. Et geet drëm, Parallellgesellschaften ze évitéieren an déi, déi bestinn, ofzebauen. Et geet ëm Kommunikatioun an Dialog.

Dee virleiende Gesetzestext also, deen eng Reform iwwert den Accueil an d'Integratioun vun den Auslänner ass, ass op

Hibléck op d'Evolution vun der Immigratioun an deene leschte Joren an op déi demographesch Perspektive vun eiseu Land noutwendeg.

Den 1. Januar 2008 louch den Undeel vun den auslännesche Matbierger an der Lëtzeburger Bevölkerung mat hiren 205.900 Bierger bei 42,6%. Dat ass europa- a weltwäit ee vun deenen héchste Prozentsätz. Der Projektioun vum Statec no, sollen d'Lëtzeburger an de Joren 2020 bis 2030 an der Minoritéit sinn. Dat ass iwweregens schonn de Fall an der Stad Lëtzebuerg, mat 60% auslänneschen Awunner.

D'Auslänner maachen awer och de Gros op eiseu Aarbechtsmaart aus. 143.000 Grenzgänger kommen all Dag op Lëtzebuerg schaffen. Mir hate bis haut Chance: Mir konnten eis Aarbechtskraaft aus aneren europäesche Länner - Italien a Portugal -, mä virun allem och aus villen ost-europäesche Länner an aus der Groussregioun importéieren. Mä des Quelle sinn iergendwann erschöpft. Des Länner hu mat deeneselwechte réckgängege Gebuertsraten ze kämpfe wéi mir. Déi demographesch Perspektiven an dese Länner si gradesou schlecht, wann net souguer méi schlecht wéi eis.

Wa mir also eise Wuesstem an Zukunft op engem héijen Niveau wëllen halen an domadder de soziale Fridden an déi sozial Kohesioun weider garantéiere wëllen, da musse mir mëttel- oder laangfristeg ausserhalb vun der EU Aarbechtskräfte siche goen. D'Integratioun vun deser neier Generatioun vun Immigrante wäert sech sécher aneschtens gestalten, wéi déi vun den Immigrante vu gëschter a vun haut, well déi kulturell, reliéis an ethnesch Ënnerscheeder tëschent de Lëtzeburger an den Netlëtzeburger méi grouss wäerte ginn.

D'Integratioun wäert méi komplex ginn, wéi dat bis haut de Fall war. Et ass dowéinst wichteg, eng modern Integratiounspolitik ze schafen, déi et Netlëtzeburger erlaabt, an eiser Lëtzeburger Gesellschaft Fouss ze faassen. Nëmme esou kann een eng laangfristeg Marginalisatioun vun den Auslänner, d'Schafe vun enger Parallellgesellschaft vermeiden, esou wéi dat a ville Länner mat enger héijer Immigratioun de Fall ass.

Eng modern Immigratiounspolitik ass de Schlëssel zum Erfolleg an eiseu Land. Wien dauerhaft an engem Land liewe wëllt, darf seng Originen net brauchen opzeginn. Duerfir muss d'Integratioun aktiv a systematesch thematiséiert ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den Text, dee mir haut zur Ofstëmmung hei virleien hunn, gesäit vir, Lëtzebuerg déi Mëttelen ze ginn, déi eng besser Integratioun favoriséiere sollen. Dobäi muss een ervirhiewen, dat de virleiende Gesetzesprojet näischt aneschtens mécht, wéi d'Efforten, déi bis haut an deem Beräich an der Integratioun gemaach gi sinn, weiderzeféieren, mä just ënner verbesserte Konditiounen, a sech deenen heitege Bedürfnisser unzepassen. Et war an et bleift wichteg, dat d'Integratioun ee Prozess ass, deen op béidsäitegem Vertrauen a Responsabilitéit baséiert.

De Gesetzestext verwierklecht d'Ried zur Lag vun der Nation vun 2005, déi d'Achse vun der Immigratiouns- an Integratiounspolitik virgezeechent huet a kloer op d'Noutwendegkeet vun engem neien a méi vuntaristeschen Integratiounsgesetz higewisen huet. Et kann een an deem Kontext d'Immigratiounsgesetz vum 29. August vun deem Joer zitéieren, an awer och d'Nationalitéitsgesetz vum 23. Oktober, dat jo de Prinzip vun der duebeler Nationalitéit an eiser Gesetzgebung aféiert.

Et ass evident, dat Lëtzebuerg net dat eenzege Land ass, wou ee sech Gedanke mécht, wéi een déi auslännesch Matbierger besser integréiere kann. Et ass eng Problematik, mat där sech vill Industrielänner, mä virun allem vill europäesch Länner auserneesetze mussen.

Déi rezent Visite op Gand, déi d'ASTI organiséiert hat, huet ganz interessant Pisten opgewisen. En Integratiounsbüro, deen op eng exemplaresch Manéier funktionéiert an deen deenen auslännesche Matbierger an administrativen a juristesche Froen zur Säit steet.

D'Integratiounsfroe gehéieren, am Géigendeel zu den Immigratiounsfroen, net zum Kompetenzberäich vun der EU. Während dem europäesche Conseil vun Tampere vun 1999 ass d'Iddi zrëckbehalen ginn, eng gemeinschaftlech Politik um Niveau vun der Integratioun ze schafen. Zënterdeem sinn um europäeschen Niveau eng Rei vun Initiative geholl ginn, Programmer gestëmmt ginn, Rapportë virgestallt ginn, wat d'Integratiounsfroe betrëfft.

Et ass also dem Impuls vun der EU ze verdanken, dat déi verschidden national Integratiounspolitik en méi ofgestëmmt ginn an dat déi europäesch Länner sech eng besser Antidiskriminatiounspolitik ugeuecht hunn. D'Ëmsetzung vun zwou Direktiven an de Joren 2000 sinn do e gutt Beispill.

D'Integratioun ka sech net nëmmen op Moossname reduzéieren, déi de materiellen Accueil vun den Auslänner verbessern. Integratioun heescht net nëmmen, engem Lëtzeburgergeschoursen unzebidden, fir dat si eis Sprooch verstinn. Neen, dat geet net duer! Et mussen déi néideg Mëttelen zur Verfügung gestallt ginn, fir besser ze integréieren.

Dee virleiende Gesetzesprojet berout op verschiddene wesentleche Punkten. En definéiert fir d'ëischte Kéier d'Konzept vun der Integratioun. Et war den Auteure vum Gesetzesprojet wichteg, dëst Konzept an engem legale Kader ze definéieren an de bilaterale Charakter vun der Integratioun, wou jiddfer ee muss Effortë maachen, fir besser mateneen an net niewenteneen ze liewen.

De Gesetzesprojet definéiert d'Integratioun als: «un processus à double sens par lequel un étranger manifeste sa volonté de participer de manière durable à la vie de la société d'accueil qui, sur le plan social, économique, politique et culturel prend à son égard toutes les dispositions afin d'encourager et de faciliter cette démarche».

An den Ae vun den Auteure vum Gesetzestext dierft d'Integratioun sech awer net eleng op den Accueil a gegebenenfalls déi sozial Ënnerstëtzung vun der Immigratioun reduzéieren. Eng erfollegräich Integratioun setzt de Kampf géint all Zort vun Diskriminatioun viraus. Och wann den Accueil weider d'Zil vun der Immigratiouns- an Integratiounspolitik wäert sinn, esou bleift et, dat de Kampf géint d'Diskriminatioun e wesentleche Bestanddeel vun deser Politik soll sinn. Wa mer d'Integratioun wëlle fördern, da musse mer awer och géint d'Diskriminatioun virgoen.

Am Gesetz vun 1993 ass des Missioun nëmme ganz iwwerflächlech behandelt ginn. D'Auslännerkommissariat huet awer intensiv op deser Missioun geschafft, an duerfir wëll ech all deenen en décke Merci ausschwätzen. Et ass kloer, dat des Missioun och am neien Text muss zrëckbehalen ginn. De Statsrot war awer anerer Meenung an huet gemengt, dat zoustänneg Gremium misst un den nei geschafene Centre pour l'égalité de traitement ugegliddert ginn.

De Statsrot huet gläichzäiteg rappeliert, dat de Kampf géint d'Diskriminatioun e wesentlecht Element vun enger Integratiounspolitik ass. Duerfir war d'Chamberskommissioun och d'accord mam Amendement, deen déi spezifesch Artikelen zum Thema Diskriminatioun am Text gestrach huet, awer de Kampf géint d'Diskriminatioun, och eng vun de Missiounen vum OLAI, am Text festgehalten huet.

Fläicht bleift nach ze preziséieren, dat d'Gläichstellung, also d'Égalité de traitement - et gëtt net nëmmen eng Égalité des chances -, eng ganz Rei vun Diskriminatiounsmotiver viséiert: déi ethnesch Hierkunft, d'Relioun, mä awer och den Alter, den Handicap an d'sexuell Orientéierung. En Auslänner kann opgrond vun e puer Motiver diskriminéiert ginn, zum Beispill ethnesch Hierkunft a Relioun oder/an Handicap. An deem Fall schwätze mer vu multipler Diskriminatioun. D'Europäesch Kommissioun huet sech an enger rezenter Etüd domadder befaasst.

Den OLAI huet ënner anerem als Missioun, d'Integratiounsprozesser ze vereinfachen, andeems hien d'Integratiounspolitik koordinéiert a fir d'Ëmsetzung vun deser Politik verantwortlech ass. Den OLAI gëtt och mat der Gestoun vun de provisoreshen Opfangstrukture fir d'Auslänner beoptraagt. Hie bedeelegt sech, zesumme mat aneren Organer, un der Schafung vun esou Opfangstrukturen.

Wichteg Theme vun enger Integratiounspolitik sinn och d'Schoul, d'Aarbecht, d'sozialpolitesch Participatioun, mä awer och d'Wunnen, an et ass virun allem wichteg, dass d'Gemeengenaufreite gefuerdert sinn, soziale Wunraum ze schafen. Jiddfer ee weess, dat et net genuch Wunraum fir déi sozial Schwaach gëtt. Dofir e waarmen Appel un d'Gemeengenaufreite. Opgepasst muss jiddefalls awer och ginn, dat mer keng Ghettsituatiounen schafen. Déi sozial Mixitéit muss bestoe bleiwen.

Integratioun a Bekämpfung vun Diskriminatioun sinn awer net nëmmen d'Missioun vun enger Administratioun. Quasi jiddfer

Ministère ass concernéiert. Esou wéi e Gesetzestext op seng Effeten op Männer a Fraen analyséiert muss ginn, esou misste mer och an Zukunft vläicht eis déi Fro stellen, ob een dat net och misst bei der Integratioun maachen. Den OLAI an de Ministère, ënnert deem senger Tutelle desen Office steet, kënne nëmmen d'Roll vum Coordinateur hunn.

Fir eng transversal Integratiounspolitik kënne duerchzeféieren, ass en interministerielle Comité am Gesetzestext virgesinn. Dee Comité kann awer nëmme funktionéieren, wann déi Leit, déi vun hirem Ministère dohi genannt ginn, och déi néideg Moyenë kréien, fir aktiv matzeschaffen an an hirem Kompetenzberäich och Iddien a Virschléi kënne erabrénge, déi vun deene jeeweilege Ministären ofgeseent sinn. Et kann also net sinn, dat d'Beamten eleng déi Aufgab musse maachen. D'Integratioun muss Chefsaach ginn, och um lokale Plang.

Den Text gesäit d'Integratioun als eng Aufgab, déi de Stat, d'Gemengen an d'Zivilgesellschaft zesumme mussen an d'Hand huelen. Et muss vernetzt geschafft ginn. Um Gemeengeplang geet et net duer, eng berodend Auslännerkommissioun virzugesinn, well vill vun deene Kommissiounen funktionéieren, wa mer éierlech sinn, nëmmen um Pabeier, an d'Ausried ass dann, et huet kee sech gemellt. Auer Kommissiounen kréien net genuch Moyenen, fir kënne ze funktionéieren. Et ass um Gemengenniveau, wou d'Integratioun sech ofspillt. Duerfir ass et virun allem wichteg, dat déi Menge-responsabel dat seriö upaken, well soss nützt och eng Reorganisatioun vun där heiteger Auslännerkommissioun an hir Ëmbenennung an Integratiounskommissioun näischt.

Mir brauchen eng Volonté politique um nationalen an um kommunale Plang. Ech kéint mer och virstellen, dat Leit zesummen, zum Beispill mat de Leaderregiounen, kéinten iwwer regional sozial Integratiounsbüroen nodenken, wou déi nei Bierger méi effikass berode kënne ginn.

Den OLAI gëtt och mat der Gestoun vun de provisoreshen Opfangstrukture fir d'Auslänner beoptraagt. Hie bedeelegt sech, zesumme mat aneren Organer, un der Schafung vun esou Opfangstrukturen. Doriwwer eraus huet den OLAI och als Aufgab, d'Sozialhëllef fir d'Auslänner ze organiséieren, déi net vun de bestoenden Allocatiounen kënne profitéieren, wéi och fir d'Asylanten, esou wéi se am Kader vum Gesetz vum 5. Mee 2006 definéiert sinn. Grouss Ënnerscheeder tëschent dem Commissariat du Gouvernement aux étrangers an dem OLAI gëtt et um Niveau vum Personal. Des Restrukturatioun soll dem OLAI d'Méiglechkeet ginn, fir méi effizient ze schaffen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng Innovatioun läit an der Schafung vum Contrat d'accueil et d'intégration, dee jiddferengem, deen hei zu Lëtzebuerg legal wunnt an dee wëlles huet, länger Zäit bei eis ze bleiwen, proposéiert gëtt. Dese Kontrakt spigelt de bilaterale Charakter vun der Integratioun erm. En dréckt de Wëlle vun all den Interessenten aus, géigesäiteg un der Integratioun ze schaffen.

An deem Kontext stinn déi eenzel Engagementer souwuel vum Stat wéi och vum Immigrant selwer. De Stat verflécht sech, Sproochen- a Civiquescoursen unzebidden. Den Immigrant verflécht sech fir säin Deel, säi Liewensënnerhalt selwer ze sécheren an um Gesellschaftsliewen deelzehuelen. Dese Punkt war net onëmstridden, wann een d'Avisé vun de Beruffschamberen a virun allem vum Statsrot liest. A sengem Avis vum 20. Mee 2008 huet de Statsrot déi kontraktuell Approche vun der Regierung approvéiert, mä ënnert der Bedéngung, dat de Kontrakt, dee virgesinn ass, och e Kontrakt ass a bleift. D'Integratioun ass ee Prozess a kee Resultat.

De Statsrot ass och der Meenung, dat aner Elementer, wéi Aarbecht a Kanner hunn, déi hei am Land an d'Schoul gi respektiv sozial engagéiert sinn, och als Integratiounselementer eng Roll spille sollten. Fir de Statsrot läit de Risiko doranner, dat d'Recht op Integratioun duerch eng Obligatioun sech ze integréieren ersat gëtt, wat net wünschenswäert ass. Déiselwecht Meenung deelen och verschidde Beruffschamberen. Et ass ze preziséieren, dat dese Kontrakt, deen op maximal zwee Joer festgeluecht gëtt, reng fakultativ ass. All neien Immigrant kritt esou e Kontrakt proposéiert, ouni dat deejéinegen, deen de Kontrakt oflehnt, duerfir sanktionéiert gëtt.

De Comité interministériel à l'intégration muss enk mam OLAI zesummeschaffen, an zesumme wäerte si en nationalen Aktionsplang fir d'Integratioun schafen. All fënnf

Joer wäert d'Regierung der Chamber en nationale Rapport zum Thema Integratioun virleeën. Dëse Rapport soll eng global Vue vun der Situatioun vun den Auslänner a vun de Moossnamen, déi getraff gi sinn, erméiglechen. Dëse Rapport ass wichteg, well en d'Objektiver vun der Integratioun festsetzt, an en ass d'Basis fir en nationalen Aktiounsplang.

Här President, ech hunn heimadder déi wichtegst Punkte vum Gesetzesprojet résu-méiert. Fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Nach kuerz wëll ech zitieren, datt de Statsrot, a sengem Avis vum 20. Mee, eng nei Strukturéierung vum Gesetzesprojet virgeschloen huet. Deen initialen Text wier, esou d'Meenung vum Statsrot, net kloer genuch. Hien huet virgeschloen, all Dispositionen aus dem Text erauszehuelen, déi keen normative Charakter hunn, notament all Definitioun, ausser déi vun der Integratioun, déi awer nom Statsrot an den Artikelen iwwert de Champ d'application integréiert misst ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, de virleiende Gesetzestext stellt zesumme mam Gesetz iwwert d'Nationalitéit wéi och d'Immigrationsgesetz de Kader vun enger moderner Integrationspolitik duer. D'sozial Kohesioun an de soziale Fridde stinn um Spill, wa mer et net fäerdeg bréngen, e gesond Mateneen ze schafen, well d'Integratioun ass ee Prozess a kee Resultat. D'Integratioun muss erschafft ginn, fir Spannungen a Konflikter ofzebauen. Mir sinn alleguerten an der Verantwortung, datt mer d'politesch an d'biergerschaftlech Participatioun zesummen deelen. Ech hoffen, datt d'Integrationsgesetz all deenen, déi dervu Gebrauch kënne maachen, Satisfaktioun ka ginn.

Ofschléissend ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen all deene Merci, déi um Projet gehollef hu schaffen.

►►► **Plusieurs voix.** - Très bien!

►►► **M. le Président.** - Merci, Madame Rapportrice. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Bettel.

Discussion générale

►►► **M. Xavier Bettel (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech der Madame Frank Merci soe fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport. Dësen Text hate mer laang an der Kommissioun diskutéiert. Mir hunn en och amendéiert. Mir hu vill Erklärungen kritt vun de Servicer. Duerfir wëll ech och der Regierung Merci soen.

Mir si schockéiert gewiescht, wéi a Frankräich de Jean-Marie Le Pen am zweeten Tour vun de Presidentschaftswahl war. Mir sinn ëmmer ganz iwwerrascht, wann een d'Score vum Vlaams Belang an der Belsch matkritt. Et ass een ëmmer ganz iwwerrascht, wann ee verschidde Scoren, wéi elo viru kuerzem an Eisträich, matkritt. Wann een d'Zuelen hei kuckt, déi mer zu Lëtzebuerg hunn: Mat iwwer 42,6% vu Lëtzebuurger dierfe mer frou sinn, dass mer kee Front national hei an dëser Chamber setzen hunn.

Mir hu verschidde republikanesch Parteien - Republikaner oder Nationalbewegungen, wéi se geheescht hunn -, déi sech opgesat haten. Gott sei Dank hu se awer och kee Verrieder hei an deem Haus krut. Mir hu verschidde Parteien, déi heiands o bësse flirtéiere mat där Mouvance extrémiste. Dat si verschidde kleng Parteien. Et si méi grouss Parteien, déi op verschidde Sujeten drängen, fir déi national Oder bei verschid-dene Leit nees opzepompelen; ob dat iwwert d'Sprooch, iwwert de Fändel oder iwwer aner Saache geet.

(Interruption)

Här President, den Här Fayot wollt vläicht eng Fro stellen?

►►► **M. le Président.** - Neen, ech hunn dat net gemierkt. Fuert Dir roueg weider, Här Bettel.

►►► **Une voix.** - Loosst hie weider poteren.

►►► **M. Xavier Bettel (DP).** - Merci, Här President. Ech wollt et just soen dowéinst, well et ass ëmmer geféierlech, wann een esou op d'national Oder dréckt, wat d'Repercussiounen dovunner kënne sinn. Well wa mer och frou sinn, dass mer keng Verrieder vun extremistesche Gruppen hei setzen hunn, gétt et awer Rassismus zu Lëtzebuerg. Bei ville Leit, wa se och soen: Ech si kee Rassist, gétt et awer e rassistesch Gefill.

Mir sollen awer och net vergiessen, vu wou mer kommen. Mir sollen net vergiessen, wat mer sinn. Wa Lëtzebuerg haut esou e prospéret Land ass, dann ass et och, well

mer esou en „melting pot“ vu Kulturen, vu Reliounen a vu Wësse sinn.

Firwat ech dat gesot hunn? Einfach well déi Zuelen hei, déi mer am Rapport presentéiert kritt hu vun der Madame Frank, an och d'Kreatioun vun deem OLAI, oder... Ech weess net, ob et OLAI oder O-L-A-I ass. Ech weess net, wéi elo de richtegen Numm ass.

(Interruption)

Olala! Den OLAI op jidde Fall, deen elo kreéiert ass, justement fir d'Verbesserung vun der Integratioun vun eisen net lëtzebuergesche Matbierger.

Et kann een op verschidden Termen agoen. Mir hate virdrun de Commissariat aux étrangers hei zu Lëtzebuerg. Do gétt gesot, Commissariat wier net dat gutt Wuert, well dat éischter repressiv wär. Dann ass et d'Chambre des fonctionnaires, déi och richtig seet: Den OLAI ass net wäit vum Olaf, dee jo awer au contraire en Organ ass, fir nozekucken. Deen ass d'Police vun der Police vun der EU. Et ass och dann en OLAF an net en OLAI. Dat heescht, dat mam Commissariat oder mam Office ass och diskutabel.

Här President, d'Fraktioun vun den Demokraten hei an der Chamber hat schonn oft drop insistéiert, dass d'Fro vun der Immi-gratioun hei mat dëser Regierung e bësse saucissonnéiert ginn ass. Mir hunn op där enger Säit den Här Frieden, deen e Projet mécht iwwert d'duebel Nationalitéit. Mir hunn de Minister Schmit, deen e Projet mécht iwwert d'Immigratioun, a mir hunn d'Madame Jacobs, déi haut e Projet huet iwwert d'Integratioun.

Et wier opportun, wann déi nächst Regierung géif e Ministère de l'Immigration maachen, dee sech och ëm d'Autorisation-de-travaillen, ëm d'Immigratioun këmmert an och ëm d'Integratioun. Dass mer net esou e Saucissonnage hunn, dass, wann een iergendzwousch hikënnt, een net richtig weess, bei wien ee muss goen, ob een déi Administratioun lénks, déi Administratioun riets oder nach eng drëtt Administratioun muss kontaktéieren. Dowéinst wier et e viven Appel, Här President, un déi nächst Majoritéit, déi sech hei an dësem Land wäert bilden, fir esou e Ministère ze kreéieren.

De Projet de loi gesäit justement déi Krea-tioun vun deem OLAI vir, deen do ass, fir Hëllef en ze ginn un d'Gemengen, déi Initia-tiven huelen, mä virun allem och fir eng gewësse Struktur ze hunn, wou déi ganz Associatioun an och déi ganz Politiken, déi an d'Direktioun vun der Integratioun sollte gemaach ginn, kënne koordinéiert ginn; wat luewenswäert ass vun der Säit vun der Regierung.

Et kéint ee sech awer och nach aner Froe stellen, an dat muss een och. Mäi Kolleeg, de Charles Goerens, an d'Madame Polfer waren zu Metz esou eng Institutioun kucken, wou een de Leit mat Civiquescoursen hëllef. Den Här Angel war och dohinner. Solle mer elo weiderfuere opzezielen, wien elo nach derbäi war? Mä op jidde Fall, déi waren do,...

►►► **M. le Président.** - Sot eis et!

►►► **M. Xavier Bettel (DP).** - ...fir ze gesinn, wéi déi Infrastrukturen, déi et zu Metz gétt, schaffen.

Net méi laang wéi viru e puer Stonnen huet mäi Fraktionschef mer gesot, dat dote wier eng super Initiativ gewiescht an et hätt ee gesinn, wéi een - ob dat Politik, Civique oder einfach Rechter ass - dat de Leit bäibréngt, wat an engem Land d'Us et coutumes sinn. Dat ass och eng ganz wichteg Saach.

Mir hunn et virgesi fir déi Leit, déi wëlle Lëtzebuurger ginn. Mä dat doten ass och eppes aneschers. Et soll een dat net nëmme gesinn am Kader vun de Leit, déi wëlle Lëtzebuurger ginn. Dat ass einfach eng Chance, déi een huet als Netlëtze-buurger, als Primo-arrivant souguer, fir sech besser kënne an engem Land unzepassen an och ze wëssen, wat d'Us an d'Coutumé vun deem Land sinn.

Mir wieren awer selbstverständlech ganz frou - an dat soen ech och als Fraktioun vun den Demokraten -, wa mer esou e Kontrakt kéinte kréien an der Familljekommissioun, soubal esou e Kontrakt fäerdeg ass, dass mer esou ee presentéiert kréien, dass mer kënne kucken, wéi dee sollt ausgesinn.

Et hätt ee sech och nach kënne Froe stellen. Hei geet och nach iwwert de Conseil national des étrangers Rieds. Ech hat et vergiess, Här President. Ech hätt sollen domadder ufänken. Ech selwer si Member. Ech verrieden de Syvicol am CNE. Ech hätt vläicht missen domadder ufänken. De President Klein hat mech do genannt. Ech wëll him och hei da meng Remerciementer renouveléieren.

►►► **Une voix.** - Ah, dat ass eng Plaz, déi ee kann nennen?

►►► **M. Xavier Bettel (DP).** - Neen, deen huet mech genannt als President, mam Här Roth selbstverständlech als General-sekretär, deen dat dann ënnerschiwwen huet. Mä d'Lëtzebuurger Gemengen hu mer dat Vertraue geschenkt, fir am CNE kënnen d'Intérêt vun de Gemengen ze verrieden. An ech hat vergiess, dass ech dann e bësse Main liée sinn. Ech wëll awer och direkt soen, dass ech un deem Avis vum CNE, deen hei an deem Projet de loi derbäi war, net deelgeholl hu beim Vote, well ech net fannen, dass een do soll fir d'éischt en Avis matdécidéieren an dann herno hei an der Chamber driwwer diskutéieren.

Et kéint ee sech iwwerhaupt d'Fro stellen iwwert den CNE, wéi e fonctionnéiert a wéi e soll weiderfonctionnéieren. Am Moment ass et esou, et gi vill Avisen am CNE geschriwwen, mä et feelt awer u ver-schiddene Moyenen, déi den CNE huet, fir vläicht méi effikass ze schaffen a virun allem och iwwert d'Representativitéit vum CNE. Well déi Leit gi gewielt duerch Associa-tiounen.

Da kéint ee sech d'Fro stellen, ob déi Repre-sentativitéit do ass, déi jo nëmmen am Fong de Milieu associatif oder politiqué oder syndical vun deene verschiddenen Natio-nalitéite representéiert. Et wier sécher inter-essant ze froen, ob et net soll eng Wahl ginn, wou een déi Leit dann och vläicht géif wielen, an dat op enger méi breeder elek-toraler Basis.

Datselwecht kann ech selbstverständlech dann och an de Gemenge froen. Mir hunn an de Gemengen och e Problem mat eise Commissions consultatives pour étrangers, déi jo elo ëmgedeft ginn, wéi déi genannt ginn: Et sicht een ëmmer da wéi een déi eng oder déi aner Nationalitéit nach fënnt, fir kënne de Quota vun där enger an där anerer Nationalitéit an dëser Auslänner-kommissioun ze hunn.

Allgemeng ass et fräi mat där Kommissioun ze schaffen, wéi se wëllt oder wéi se kann. Dowéinst ass et och ganz wichteg, dass den OLAI dann en Uspriechpartner gétt fir déi verschidde Kommissiounen, fir op d'mannst en Input ze kréien oder vläicht duerch deen OLAI eng gewësse Koordina-tiounsarbecht ze kréie fir déi Commissions consultatives pour étrangers. Et ass och eng vun de Rolle vun deem OLAI, fir dass déi Kommissiounen a virun allem méi klenge Gemengen, déi och net esou vill Personal a Strukturen hunn, dat kënne maachen.

Här President, ech hunn elo a kuerzen Zich dat gesot, wat eiser Partei um Häerz louch. Mir wäerten als Fraktioun vun der DP och dëse Projet de loi stëmmen.

Ech wëll awer just nach eng Kéier op meng Introduktioun agoen. Ech si frou, dass mer hei an der Chamber keng extrem riets Parteien hunn, an ech hoffen, dass dat nach ganz laang esou bleift. Dowéinst wierklech e viven Appel un alleguerten d'Politiker, déi hei sätzen: Dréckt net op déi falsch Säit!

Merci.

►►► **Plusieurs voix.** - Très bien!

►►► **M. le President.** - Merci, Här Bettel. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Angel ageschriwwen.

►►► **M. Marc Angel (LSAP).** - Här Pre-sident, Dir Dammen an Dir Hären, Madame Minister, ech si frou, dass mer haut elo hei, mat dësem Gesetz iwwert den Accueil an d'Integratioun vun den auslännesche Matbierger, d'Zesummeliwwen an och déi sozial Kohesioun an dësem Land nach verbesseren an och konsolidéieren.

Ech wëll der Madame Rapportrice Marie-Josée Frank villmools Merci soe fir hiren extensive schrëftlechen an och hiren ex-plizite mündleche Rapport. Ech wëll och der Sekretärin vun der Familljekommissioun, der Madame Weycker, de Mataarbechterinnen a Mataarbechter vum Ministère, déi eis während deene ville Kommissiouns-sitzungen ënnerstëtzt hunn, wou mer um Text geschafft hunn, an natierlech och lech, Madame Minister, Merci soen.

Et war eng gutt Saach, dass Der dëse Projet als Avant-projet de loi erausginn hutt a mat der Société civile a mat de Concernéierten um Terrain diskutéiere gelooss hutt. Dat war e gudd Wee, fir e gutt Gesetz ze maachen. Besonnesch Merci wëll ech awer och deene ville Beruffschambere soen, den Institu-tiounen an den ONGen, déi en Avis ge-schriwwen hunn.

Mir hate bei dësem Projet iwwer zwielef Documents parlementaires, an ech mengen, dat ass eng ganz gutt Saach. Wéi een an all dësen Avisen an och am Exposé

des motifs ka liesen, reit dëst Gesetz sech an an eng Rei vu Gesetzer, déi eist Land sech a puncto Zesummeliwwer gétt, fir eis besser op d'Zukunft virzebereeden. Do ass d'Immigrationsgesetz, wat mer viru ganz kuerzer Zäit heibannen zu 60 gestëmmt hunn; do ass och d'Nationalitéitgesetz, wat déi duebel Nationalitéit erlaabt, an do-madder vläicht eng politesch Participatioun vun den neie Lëtzebuurger, déi och nach en anere Pass hunn, erméiglecht. Vlächcht erméiglecht et och, dass mer déi niddregst Einbürgerungsrat, déi mer an Europa hunn, kënne verbesseren.

An dann elo, als drëtt grousst Gesetz, d'Integrationsgesetz. Dëst Gesetz soll jo de Kader, virun allem fir den Accueil an d'Integratioun, schafen. Ech wollt awer nach ervirsträchen, dass en Immigrations-gesetz muss ganz transparent sinn, ganz explizit sinn, wat d'Regelen ugeet, wéi ee kann hei am Land immigréieren. All déi Länner - an dat ass och um europäesche Plang bewise ginn -, déi e gutt, transparent Immigrationsgesetz hunn, kënnen och eng vill besser Integrationspolitik maachen. Well Leit, déi sech dagdeeglech mat der Fro, ob se nach am Land bleiwe kënne, erëmklappe mussen, déi fir hir Pabeiere suerge mussen, kënne sech net op d'Inte-gratioun konzentréieren. Dofir war et wichteg, dass mer dat Immigrationsgesetz hei gestëmmt hunn.

Et gétt oft gesot, vun der Opposition kriti-séiert, dass een déi ganz Problematik hätt missen an engem Gesetz maachen. Ech wollt drun erënneren, dass mer déi Ge-setzer awer an engem Zäitlaps vu sechs Méint hei an der Chamber ofstëmme gelooss hunn, dass d'parlamentaresch Aarbechten zu all deene Projeten iwwer zwee Joer gedauert hunn, dass mer ganz vill Definitiounen ee vun deem anere Projet iwwerholl hunn, an dass een déi Kritik vun deem sougenanntene Saucissonnage net ka gëlle loossen. Ech wollt och der CSV/LSAP-Regierung fir déi gutt Ze-summenaarbecht an dësen Dossiere féli-citéieren. Ech mengen, dat war eng ganz kohärent Zesummenaarbecht.

Ech wëll awer och drun erënneren, dass mer virun net esou laanger Zäit per Gesetz de Centre pour l'égalité de traitement gestëmmt hunn, kreéiert hunn, an dat ass och en Organ, wat, wéi gesot, géint all Forme vun Diskriminatioun virzegoen huet, an huet also och mat Integratioun ze dinn. Deemnächst wäerte mer nach eng Rëtsch aner Gesetzer hei stëmmen, déi fir d'Ze-summeliewen an d'sozial Kohesioun wichteg sinn. Dat ass zum Beispill déi nei Loi électorale, wou mer d'Délaié fir d'Aschreiw vum den Netlëtzebuurger bei de Gemengewahl wesentlech verkierzen, well och d'Participatioun un demokratesche Prozesser e wichtigen Aspekt vun der Inte-gratioun ass.

Och d'Schoulgesetzer, an deenen d'Chan-cëgläicheet ganz groussgeschriwwer gétt, an zwar net nëmmen téschent de Lëtze-buurger, mä och d'Chancëgläicheet téschent Lëtzebuurger an Netlëtzebuurger, sinn e wichtige Schrëtt zu méi an enger besserer Integratioun. Ech wollt nach drun erënneren, dass d'Educatiounsministesch sech an de leschte Jore vill mat der Reform vum Sproochenunterrecht beschäftegt huet. Och dat dréit zur Chancëgläicheet téschent alle Kanner bäi, an domat och zu enger besserer Integratioun.

Ech hunn elo d'Sprooch ugeschwat, well do kréie mer och nach e Gesetz iwwert de Congé linguistique. D'Sprooch ass natier-lech wichteg am Kontext Integratioun, well et ass jo evident, dass et méi einfach ass hei zu Lëtzebuerg ze liewen, wann een eis Sprooch kann. D'Lëtzebuergesch Sprooch ass dobäi wichteg, mä net ze vergiesse sinn Däitsch a Franséisch, well dat sinn déi Sproochen, an deenen de Stat mat sengen Awunner - mat de Leit, déi an dësem Land liewen - kommunizéiert, an och d'Printmedië gebrauchen déi Sproochen. Lëtzebu-ergesch ass also ganz wichteg, awer och déi aner Sproochen.

Zum Congé linguistique wollt ech eng perséinlech Remarque maachen, an zwar dass do am Moment nëmme Coursë fir Lëtzebuergesch virgesi sinn. Et gétt Leit hei am Land, dorënner och Lëtzebuurger, déi kee Schoulofschloss hunn an déi Problemer

mam Franséischen hunn. Fir sech um Aarbechtsmaart z'integréieren, ass et och wichteg, wann een deene Leit vläicht kéint hëllefen. Englesch gëtt och op verschiddene Plaze gebraucht, an do muss ee vläicht kucken, ob een dat net kann a Consideratioun zéien.

Duerch dëst Gesetz engagéiert sech den Office luxembourgeois de l'accueil et de l'intégration, iwwert de Contrat d'accueil et d'intégration deene Leit, déi nouveaux arrivants sinn, eng Sproocheformatioun an eng Formatioun iwwert d'Fonctionnéiere vun eise Stat ze garantéieren. Et ass dofir wichteg, dass d'Offerte vu Lëtzeburger geschen a franséische Coursen hei am Land garantéiert gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi, déi den Exposé des motifs gelies hunn an och déi vill Avisen, kennen den Historique an d'Entwécklung, wéi dëst Land, vun engem typeschen Emigrationsland, nach am 18. Jorhonnert, zu engem Immigrationsland ginn ass. Ech mengen, déi Zuelen huet och d'Rapportrice schonn ervirgewise. Ech wollt do just eng Tatsaach ervirsträichen, an zwar déi, dass iwwerall an Europa déi einheimesch Populatioun stagnéiert, an iwwerall an Europa besonnesch Fachkräften gebraucht ginn. Mir wäerten also an deenen nächste Jore méi Leit op Lëtzebuerg kréien aus Net-EU-Länner. Dofir ass et esou wichteg, dass mer eis mat dësem an deenen anere Gesetzer, déi ech virdrun ugeschwat hunn, op déi nei Erausforderunge preparéiere kënnen.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, erlaabt mer vläicht nach lech ze soen, dass meng Partei, d'LSAP, e ganz aktiven Aarbechtsgrupp huet, dee sech „Groupe de travail Coopération, Intégration, Migration“ nennt, dee vun eiser Komerodin Lydie Err gefouert gëtt a vun hir gutt Impulser kritt. D'Thema vum Zesummeliwwen an enger plurikultureller Gesellschaft gëtt an eiser Partei vill diskutéiert. Well mer an der Regierung sinn an also eng Verantwortung hunn, fir d'Zukunft vun dësem Land ze gestalten, sinn ech frou, dass mir dëst Thema esou wichteg huelen.

Mir haten d'lescht Joer, op eise Landeskongress am Mäerz 2007, dat Thema zum Haaptpunkt gemaach, an och dëst Joer, am Summer 2008 op eiser Summerakademie, huet sech e Groupe de travail mat deem Thema beschäftegt. D'LSAP ass eng Partei, déi op Wäerter wéi Gerechtegkeet, Fräiheet a Solidaritéit opbaut, an dat heescht och Solidaritéit mat den Netlëtzeburger. Mir sinn iwwerzeegt, dass d'Cohésion sociale nëmme ka garantéiert ginn, wann all d'Membere vun eiser Gesellschaft sech als een Deel vun engem kohärenten Ensembel considéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt hei zu Lëtzebuerg Leit, déi Ängscht hu virun enger sougenannter Iwwerfremung. D'Politik muss dës Ängscht eescht huelen a sech och engagéieren, mat dëse Leit ze debattéieren. Mir wëssen, dass Ängscht, virun allem oder meeschtens, duerch e Mangel un Informatioun entstinn. Mir därefen dofir dës Leit net an d'Gräpp vu Populisten oder Extremisten ginn. Ech schléisse mech deem Appel un, deen den Här Bettel gemaach huet, fir dass mer net mat deenen Ängschten solle Wihlkampf maachen, oder dass déi Ängschten net sollen an der Campagne électorale, déi jo elo bevirsteet, méissbraucht solle ginn.

D'Suerge vu villen Awunner hei am Land sinn, eng bezuelbar Wunneng ze fannen, d'Schoulausbildung vun de Kanner, eng gutt Aarbecht ze fannen. Dës Suerge sinn déiselwecht, ob ee Lëtzeburger oder Ausländer ass, an oft si leider nach d'Léi-sunge fir Netlëtzeburger méi schwéier. Et gëtt Leit, déi de Préjugé hunn - an dat héiert een heiansdo -, dass fir Ausländer an dësem Land alles méi einfach wär. Mir wëssen, dass dat net wouer ass. D'Lëtzebuergesch Politik - an dorobber sinn ech stolz - huet, egal wéi eng Partei an der Regierung war, ëmmer eng Politik fir all d'Awunner vun dësem Land gemaach.

Ech si frou, dass mer och d'Notioun vun der Integratioun an onsem Gesetz als e Prozess „à double sens“ definéieren, an d'Integratioun am Sënn vun Inclusioun gesinn. Ech fannen et och gutt, dass mer d'Integratioun an dësem Gesetz net am Sënn vun

Assimilatioun gesinn. Op jidde Fall ass fir d'LSAP d'Integratioun vun den Netlëtzeburger eng Haaptkonditioun fir d'Festegung vun där sougenannter Cohésion sociale.

Erlaabt mer, Dir Dammen an Dir Hären - ech hunn d'Cohésion sociale elo e puermol ugeschwat -, lech vläicht d'Definitioun vum Conseil de l'Europe ze zitéieren. Dat ass ganz kuerz. De Conseil de l'Europe definiéiert d'Cohésion sociale: «(...) la cohésion sociale est la capacité de la société à assurer le bien-être de tous ses membres, à minimiser les disparités et à éviter les polarisations. (...) une société cohésive est une communauté solidaire composée d'individus libres poursuivant des buts communs par des voies démocratiques (...)» Enn vum Zitat.

Aus dësem Gesetz, iwwert dat mer haut schwätzen, geet och kloer ervir, dass Integratioun eng Responsabilitéit ass, déi vu ville gedeelt muss ginn. Integratioun huet also niewent den Netlëtzeburger eng ganz Rei aner Acteuren: d'Zivilgesellschaft, de Stat an d'Gemengen, d'Wirtschaft an d'Medien. Besonnesch wichteg ass d'Roll vun der Zivilgesellschaft.

D'Gewerkschaften, d'Sports- an d'karitativ Veräiner spillen eng enorm wichteg Roll beim Opbau vun dëser Cohésion sociale. Dat ass nämlech deen Terrain, wou sech vill bénévol Persounen zesummefannen an eng wichteg Aarbecht fir eis Gesellschaft leeschten. Duerfir ass et wichteg, auslännesch Matbiergerinnen a Matbierger an dës sougenannte Vie associative anzubannen. An der Praxis geschitt dat jo och scho vill. Mir sollen och eis Veräiner an Associatiounen ënnerstëtzen, op deem Wee weiderzefueren.

D'Parteien müssen och mam gudden Beispill virgoen. An alle Parteien mussen mer Efforté maachen, méi Netlëtzeburger an eis Gremien an Aarbechte mat anzubannen. Beim Opstelle vun de Lëscht fir d'Gemeingewahlen 2011 könne mer eis alleguer als Partei beweisen, wéi eescht mer et huelen, wa mer vun Integratioun schwätzen.

Och d'Medien - dat hunn ech scho gesot - hunn eng wichteg Roll ze spillen. Si mussen Stereotypen évitéieren, déi falsch Biller vun Ausländer an de Käpp vun de Leit bilden. Op auslänneschen Televisiounen kann ee feststellen, oft wann iwwer Osteuropäerinnen geschwat gëtt, da gëtt dat an de Kontext vu Prostitutioun gesat; oder wann iwwer Westafrikaner geschwat gëtt hei an Europa, da ginn déi an de Kontext mat Droge gesat.

Dat däreft net sinn. D'Medië sinn een enorm wichtige Partner vun der Integratiounspolitik an d'Couverture médiatique vu groussen Evénementen, déi auslännesch Organisatiounen organiséieren, ass eng gutt Saach an dësem Sënn. Ech kann do nëmme eise Medien hei zu Lëtzebuerg félicitéieren, well si maachen déi Aarbecht ganz gutt. Wichteg wär et vläicht och nach, dass méi Leit mat Immigratiounshannergrond an de Mediëberuffer eng Plaz géife fannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sot virdrun, dass Integratioun net eleng duerch e Gesetz gemaach ka ginn. Et ass awer wichteg, e Kader ze schafen. Ech bedauern allerdéngs, dass mer beim Vote net och schonn déi verschidde Règlements grand-ducaux derbäi hunn, wou jo Verschiddenes nach méi am Detail geregelt gëtt. Och wär et interessant gewiescht, eng Aart Ébauche vun esou engem Contrat d'accueil et d'intégration ze gesinn.

Ech weess, dass am Gesetz steet, dass den OLAI esou ee soll ausschaffen. Mir kréieren elo eréischt den OLAI, mä et hätt een eis awer scho kënnen e Genre Ébauche vun esou engem Kontrakt presentéieren. Duerfir wier ech frou, wann déi Dokumenter ausgeschafft ginn, dass mer an der Chamberskommissioun informéiert ginn an dass déi Praxis vun deem Dialog, deen Der mat der Zivilgesellschaft a mat de Leit um Terrain beim Avant-projet de loi hat, och elo an deenen nächste Schrëtt, déi mer ënnerehuelen, gemaach gëtt.

Dëse Projet de loi ass och vu 45 Artikelen ursprüngelech op 33 Artikelen gestutzt ginn. Dat war de Wonsch vum Statsrot. Mir hunn also all déi Artikelen erausgeholl, déi keen normative Charakter haten, esou wéi de Statsrot dat wollt, an hunn him also Rechnung gedroen.

Ech fannen et och gutt, dass an deem Projet hei déi Notioun vun „Accueil“ ervirgestrach gëtt, well den Accueil ass eng wichteg Saach. Deen Office luxembourgeois d'accueil et d'intégration - dat kann ech mer och virstellen - ass eng Stell, eng Plaz, e Genre Guichet unique, wou een, deen Nouveau arrivant ass, kann higoen an all Informatiounen kréien. Esou wéi mer dat bei där Visite vun der ASTI zu Metz op esou

enger Stell gesinn hunn, wou een an engem Dag kann all Informatiounen kréien, wou een hei am Land wat fënnt a wéi ee sech hei kann aliewen.

E Mënsch, deen, éischtens emol, en einwandfräien Accueil vun den öffentleche Stelle beim Stat kritt, eis Sproochen ze léieren an och e bëssen iwwert d'Institutiounen an d'Traditiounen vun dësem Land ka gewuer ginn, dee kritt och méi Loscht, an dësem Land net nëmme ze schaffen, mä och um Liewe vun eise Land deelzehuelen, also an der Zivilgesellschaft matzemaachen. Dofir ass dee Rôle vum OLAI enorm wichteg.

Et ass och wichteg, dass mer deen Office personell, raimlech a materiell gutt ausstatten. Et ass och wichteg, dass an deem Office Leit ageballt ginn, déi interkulturell gutt forméiert sinn. Et wär och gutt, wann an deem Office och Leit schaffe géifen, déi en Immigratiounshannergrond hunn.

Dem OLAI ginn an dësem Gesetz siwen Artikelen gewidmet. Ech wollt just op ee Punkt agoen an dee Rôle vum OLAI uschwätzen, wat d'Lutte géint d'Diskriminatiounen ugeet. Am ursprüngeleche Regierungstext hate mer den Artikel 27, dee méi intensiv a méi laang op dee Rôle agaangen ass. Do huet de Statsrot eis jo gesot, d'Lutte géint d'Diskriminatiounen wär exklusiv eng Saach vum Centre pour l'égalité de traitement an de Ministère an den OLAI solle sech do net amëschen.

Mir hunn dat dunn och geännert. Dunn hu mer awer erëm duerch en Amendement déi Notioun vun der Lutte géint d'Diskriminatiounen mat agebaut. Am Artikel 3 hu mer dat reintéiert an engem kuerzen hallwe Saz. Dat ass och eng gutt Saach. Dat bedeit awer, dass den OLAI an all déi Stellen um Ministère, déi fir Integratioun zustänneg sinn, an och de Comité interministériel müssen de Centre pour l'égalité conceréieren. Dat soll och vice versa geschéien.

Ech sinn der Meenung, dass de Ministère an den OLAI solle Sensibiliséierungscampagné kënnen maache géint d'Diskriminatioun an op deem Gebitt solle schaffen. Dem OLAI sâi Succès gëtt herno am Fong nëmme doru gemooss, wéi gutt an intensiv e mat de Gemengen a mat der Zivilgesellschaft zesummeschafft.

D'Madame Rapportrice huet och schonn den Artikel 4 ugeschwat, de Rôle vum Office, wat och d'Structures d'hébergement fir Ausländer ugeet. Dat ass eng wichteg Saach. Ech hunn d'Ministesch oft heibannen an op anere Plazen héiere soen, dass se no Gemengen, déi esou Strukturen bauen, sicht. Ech wollt do deene ville Buergermeeschteren, Schäffen a Gemengeréit, déi hei sëtzen, soen, dass mer am Kapitel iwwert d'Aides financières den Artikel 16 hunn, wou drasteet, dass de Stat bis zu 100% participéiert bei de Baukäschten vun deenen Infrastrukturen an och beim éischten Equipement fir déi Infrastrukturen.

D'Artikelen 6 a 7 gesinn de Plan national pluriannuel d'intégration et de lutte contre les discriminations vir. Dat ass eng gutt Saach. Den OLAI soll deen a Kollaboratioun mat deem Comité interministériel ausschaffen. E soll dobäi d'ONGe conceréieren; all déi aner Stellen, déi wichteg sinn.

Ech wollt vläicht eng Remarque maachen. Ech hunn a villen Avisé gelies, dass de Comité interministériel bis elo net ëmmer zu 100% gutt fonctionnéiert huet. Ech hoffen, dass dat mat deem neie Gesetz elo verbessert gëtt.

Ech wollt soen, dass dee Fënnfjoresplang elo gutt fält, well mer um Enn vun enger Legislatioun sinn, dass deen och ëmmer soll parallel lafe mat enger Legislatiounperiod, well um Enn muss jo e Rapport gemaach ginn, no fënnf Joer. Et ass e gudden Wee, wéi hei d'Chamber an och anerer kënnen d'Aarbecht evaluéieren, déi a fënnf Joer Integratiounspolitik gemaach ginn ass.

De Contrat d'accueil et d'intégration ass och eng gutt Saach, well e fräiwëlleg ass, an zwar net nëmme fir EU-Ausländer, mä och fir Leit aus Drëttstaten. Dat ass net an alle Länner esou. Ech fannen et ganz gutt, dass mer dat op fräiwëlleger Basis gelooss hunn. Ech fannen et och gutt, dass mer en op zwee Joer begrenzt hunn. A wéi gesot, wann Der deen ausgeschafft hutt, diskutéiert dee mat eis duerch an der Kommissioun.

D'Kapitel 4 gëtt sech mat den institutionelle Strukturen of. Dozou gann kuerz e puer Remarquen. De Conseil national pour étrangers ass ugeschwat ginn. Dee gëtt reforméiert. Interessant ass awer ze liesen am Avis vum jëtzege Conseil national des étrangers, dass si et bedauern, dass d'Paritéit net méi bestoe bleift, dass déi

ofgeschafft gëtt. Well si fäerten, si hätten herno nëmme nach en Dialog mat sech selwer.

Am Gesetz ass jo awer virgesinn, dass d'ONGen, d'Gewerkschaften an d'Patronat Vertrieeder hunn. Ech wëll dësen Organisatiounen net ze no trieden, mä et wär vläicht interessant, wa si dann och e puer Lëtzeburger géife schécken. Da kéint een där Ängscht, déi de Conseil national a sengem Avis ausgedréckt huet, e bësse Rechnung droen, da wär den Dialog vläicht och besser.

Wat schued ass, ass, dass am Gesetz steet, dass den CNE nëmme dräimol am Joer muss zesummekommen. Ech hätt mer do e bësse méi eng héich Zuel virgestallt. Ech fannen awer ganz gutt, dass dee Conseil och ka Kommissiounen bilden, wou Leit dra sinn, déi net am Conseil national sinn. Dat beweist, dass dee Conseil sech och kann opmaachen, an dat ass eng gutt Saach. Dir kritt, Madame Minister, laut Gesetz eemol am Joer e Rapport vum CNE, an ech wär frou, wann Dir eis deen da géift an d'Kommissioun weiderschécken, well dat ass och interessant fir eis Deputéierten, déi sech fir dës Themen interesséieren.

D'Commissions consultatives d'intégration, déi fréier Ausländerkommissiounen, ginn an engem Artikel leider nëmme ganz kuerz erwähnt. Och hei feelt de Règlement grand-ducal. Och bei deem ass et wichteg, dass Der deen zesumme mam Syvicol auschwätzt. Den Numm ass elo nei. Nei ass och, dass an all Gemeng esou eng Kommissioun muss sinn, an et ass elo un de Gemengen, eppes aus deene Kommissiounen ze maachen, ze kucken, wéi se se méi demokratesch zesummestellen an och méi étofféiere kënnen. Ech fannen, dass all déi grouss Gemengen - dat steet net am Gesetz, mä et kann ee jo méi maachen, wéi am Gesetz steet - sech en Délégué à l'intégration sollt ginn.

Mir hunn dat bei der leschter Visite mat der ASTI zu Gand gesinn, eng Stad vun 250.000 Leit mat 15% Ausländer, déi e Service d'accueil et d'intégration vu 40 Leit huet, wou se vill mat Traducteurs/Interprètes sociaux schaffen, wou se an d'Schoule ginn, den Elteren hëllefen, wa se mam Léierpersonal schwätze mussen an d'Sprooch net kënnen, an och an de Spideeler. Si hunn an hire Biergerzentren en „Point contact intégration“ fir Nouveaux arrivants, et gëtt interkulturell Educatioun gemaach mat Beamte vun der Gemeng, mat de Polizisten. All dat ass ganz gutt. D'Gemengen hunn also eng wichteg Roll ze spillen, et steet hinnen all Méiglechkeet offen, an et si jo och finanziell Avantage virgesinn, well si kënnen vum Ministère Sue kréien.

Als Konklusioun wëll ech soen, dass et gutt ass, dass dëst Gesetz sech an eng Politik vun der Regierung areit, fir de sozialen Zesammenhalt an eise Land ze garantéieren. Dëst Gesetz gëtt natierlech nëmme esou gutt, wéi d'Zesummenaarbecht vun all den Acteuren herno um Terrain ass. Mir müssen dee Kader, deen dëst Gesetz schafft, mat Liewe fëllen. Integratioun geschitt net um Pabeier, et ass déi praktesch Ëmsetzung, déi zielt. Mat vill Asaz, gudden Wëllen, gudden Iddien a vill staarkem Duerchsetzungsverméige sinn ech iwwerzeegt, dass mir all zesummen hei zu Lëtzebuerg - mir Lëtzeburger als Société d'accueil an déi ronn 200.000 Netlëtzeburger, déi hei mat eis liewen - weiderhin net nëmme friddlech niefene liewen, mä och nach besser zesummeliewen.

Mir hunn dat bis elo gutt gemaach, a mat dësem Gesetz vun haut an deenen anere Gesetzer, déi ech ugeschwat hunn, preparéiere mer eis also op e Lëtzebuerg an en Europa, wou an Zukunft méi Leit aus Drëttstate liewe wäerten. Am Numm vun der LSAP-Fraktioun wëll ech eisen Accord zu dësem Projet de loi ginn.

Ech wollt mat engem Zitat aus eise Positionspabeier ofschléissen, dat mer besonnesch gutt gefall huet, an dat vun engem Schwäizer Auteur namens Windisch ass, dee seet: «L'intégration n'implique ni tolérance aveugle de la part des indigènes ni une soumission totale des migrants. Ce que l'on demande, c'est un esprit d'accueil de la part des uns et une volonté d'adaptation de la part des autres. Il y a donc partage des responsabilités entre les étrangers et la communauté qui accueille». Fin de citation.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Angel. Den Tour ass elo um honorabelen Här Braz fir déi gréng Fraktioun.

» **M. Félix Braz** (*DÉI GRÉNG*).- Merci, Här President. Ech wëll am Numm vun där grénger Fraktioun fir d'éischt der Rapportrice, der Madame Frank, Merci soe fir hire Rapport an och fir d'Aarbecht an der Kommissioun, déi bei dësem Projet relativ séier konnt iwwert d'Bühn goen an ofgeschloss ginn.

Dëst Gesetz soll d'Gesetz vum 27. Juli 1993 reforméieren, eist éischt Integratiounsgesetz. Mir hunn allerdéngs net immens vill gemaach am Kader vun dësem Gesetz. Et hätt ee sech jo awer d'Fro misse stellen, wéi dat Gesetz, wat mer bis elo haten, fonctionnéiert huet. Wat si seng Stärkten? Wat si virun allem seng Resultater gewiescht? Wou hu mer Ziler erreecht? Hate mer iwwerhaupt Ziler benannt? Ech fäerte ganz, d'Antwort ass neen, et ware keng Ziler benannt ginn an deem éischten Integratiounsgesetz. Mir kënnen dofir och net préiwen, ob mer déi Ziler erreecht hunn oder net erreecht hunn.

Wat mer awer kënne soen, dat ass, dass mer e puer Saache feststellen. Mir stelle fest, dass zu Lëtzebuerg d'Cohésion sociale, d'Zesummeliwe vun all de Leit, déi zu Lëtzebuerg liewen, sécher net nëmme schlecht ass. Mir hunn och hei zu Lëtzebuerg an de leschte Jore villen richtig gemaach an der Aart a Weis wéi probéiert gëtt hei zesammenzeliewen. Aner europäesch Länner kucken oft op Lëtzebuerg, wat awer méi mat där Zuel vun Netlëtzebuerger ze dinn huet, déi hei zu Lëtzebuerg liewen. Si kucken awer och op eis, well mer, mengen ech, soe kënnen, dass mer net alles falsch gemaach hunn an de leschte Joren. Dat soll een och heiansdo ënnersträichen an och heiansdo widderhuelen, bei allem, wat een och dernieft ze bemängelen huet, wat mer vläicht manner gutt gemaach hunn.

De Bilan vun deem Gesetz, wat mer bis elo haten, ass menger Meenung no e ganz geréng Bilan. E ganz geréng Bilan, well Fakt ass, dass mer zu Lëtzebuerg nach ëmmer méi en Niefteene vun de Leit wéi e Matenee vun de Leit hunn. Mir hunn eng Beruffswelt, déi fir sech fonctionnéiert, mat Leit, déi hei wunnen, mat Leit, déi hei iwwert d'Grenz kommen. A mir hunn, nieft der Beruffswelt, mat Sécherheet keng grouss Verméschung vun de verschiddene Leit, déi hei wunnen. Och an de Schoule féinnt déi Verméschung net an deem Mooss statt.

En zweete Constat, deen ee maache muss, ass, dass och zu Lëtzebuerg d'Schoul selwer net onbedéngt villen dozou bäidréit, dass een en anert, e bessert Zesummeliwe hätt. D'Opstiegschancen duerch Bildung sinn zu Lëtzebuerg net schrecklech grouss. Dat ass ee vun den Enseignement vum der PISA-Etüd, déi gewisen huet, dass de Lëtzebuerger Primärschoulsystem an och de Secondärsystem e relativ staarken Determinismus weiderféiert, dass also do, wou een hierkënn, a méi oder wéineger bal all de Fäll, och do ass, wou een herno lant. Dat geet hei zu Lëtzebuerg net besser wéi dat, wat ech elo beschriwwen hunn.

Et ass mat Sécherheet kee Bilan, mat deem ee kéint zefridde sinn. Dofir menge mer, dass et bei dësem Gesetz gutt gewiescht wär, wa mer vläicht elo scho probéiert hätten, Ziler ze benennen, wann ee sech wirklech Ziler ginn hätt, déi een, am Beräich vun der Integratioun, wëllt erreechen, a sech dann och e Programm gëtt, wéi een dat Zil kann ustriewen.

Wat nenne mer Integratioun? Wat nenne mer eng gelongen Integratioun? Wat heescht dat? Déi Diskussioun hu mer net gefouert, well och dëst Gesetz am Fong jo nëmmen e Kader duerstellt. Et ass e Kadergesetz, et ass eng Rumm. Un där Rumm ass net vill auszesetzen. Déi Saachen, déi do drastinn, si fir eis Begrëffer alleguerte richtig. Dat si vernünfteg Saachen, déi drastinn.

Villes, dat Allermeescht, steet awer net an deem Gesetz. D'Partitur muss nach geschriwwen ginn. Mir hunn elo beschtefalls d'Nouteblieder kritt; d'Musek, déi feelt. Dat ass d'Aufgab, déi mer an den nächste Jore musse maachen.

Mir hoffen, dass mer awer dann - wa mer dëst Gesetz ëmsetzen an déi eenzel Instrumenter, déi mer eis nach musse ginn, och kréien - an deem Kontext eng Diskussioun doriwwer féieren, wat eng gelongen Integratioun ass a wéi een Zesummeliwe mer da gäre fir Lëtzebuerg hätten, an dass mer eis dann och Ziler benennen, déi mer wëllen ustriewe mat deenen Instrumenter, mat dësem Gesetz, a wou mer eis dann och all Joer kënnen d'Fro stellen, ob mer eis deem Zil méi no beweegt hunn, an ob de Rhythmus stëmmt, mat deem mer eis deem Zil méi no bewegen, wëssend, dass en Integratiounsgesetz natierlech net eleng all d'Froe beäntwert kann, déi et an där doter

Matière gëtt. Do gëtt et ganz anerer - d'Schoul hunn ech scho genannt, awer och nach anerer, och d'Aarbechtswelt -, déi hei e phenomeenale Rôle ze spillen hunn, dee mindestens esou grouss ass, wéi dee vun engem Integratiounsgesetz.

(*M. Jos Scheuer prend la Présidence*)

Wann hei am Land iwwer Auslänner geschwat gëtt, gëtt oft eng Zuel genannt. Och an eisem Rapport zu dësem Projet vun haut gëtt vun deenen iwwer 42% Leit geschwat, déi zu Lëtzebuerg wunnen, déi kee Lëtzebuerger Pass hunn. Et gëtt och drop verwisen, dass am Joer 2020, 2030, op deem Horizont, aller Viraussicht no am Land déi Situatioun wäert sinn, déi haut schonn a ganz ville Gemengen d'Realitéit ass, nämlech dass eng Majoritéit vun de Leit kee Lëtzebuerger Pass hunn.

Mir hätte léiwer, et géif vill méi oft och probéiert ginn erauszefannen, wéi laang dass déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg liewen, schonn hei liewen. Wéivill sinn der dovunner hei gebuer? Wann een dat Bild do esou zeechent, gëtt dat en anert Bild, wéi wann ee vun 42% Auslänner schwätzt, well déi, déi mer an de Statistiken opgrond vun hirem Pass als Auslänner féieren, sinn immens oft Leit, déi hei op d'Welt komm sinn, déi nach ni eppes anescht ware wéi Lëtzebuerger, well se nach ëmmer hei gelieft hunn, déi Territoriallëtzebuerger sinn, wa se och nach de Pass vun hiren Elteren hunn.

Duerfir ass et och wichteg, dass ee sech d'Fro stellt: Wat ass dann dat Zesummeliwe? Wat wier dann déi Integratioun? Ech hu gären héieren, wat d'Madame Frank virdru gesot huet iwwer Integratioun, wat dat alles net sollt sinn. Et ass och eis Meenung, dass een net soll an déi Traversen do verfallen.

Mir sinn der Meenung, dass Integratioun net soll Assimiliatioun sinn. Integratioun ass keng Gläichmaacherei; vu kengem. Et ka keng Gläichmaacherei sinn. Dat ass net de Sënn vun der Integratioun. An et ass och gutt, dass mer an dësem Gesetz éischter op de Wee gi vun engem Recht op Integratioun, an eis net op de Wee maache vun enger Pflicht oder engem Zwang zur Integratioun.

Et bleift, dass all déi Leit, déi hei liewen, schlussendlech selwer eleng a fräi bestëmmen, wéi se hei wëlle liewen. Si musse sech alleguerten, déi hei liewen, un d'Gesetzer halen. Doriwwer eraus ass jiddferee fir sech selwer responsabel, wéi hie säi Liewe wëllt gestalten a wéi hie säi Gléck wëllt fannen.

Duerfir ass d'Approche, éischter vun engem Recht op Integratioun am Gesetz auszegoen, eiser Meenung no déi richtig Debatt. Mir brauchen och dofir net wéi an anere Länner - wéi an Däitschland - esou Diskussiounen iwwer eng Leitkultur, déi ee misst a) definéieren, b) aféieren an c) deenen anere Leit och nach imposéieren. Mir brauche keng Debatt iwwer rout Léiwen an iwwer Fändelen.

(*Interruption*)

Mir brauchen och keng Sproochendebatt, wa se nëmmen zum Zil huet, d'Leit auserneeenedreiw, an net zum Zil huet, d'Leit méttels der Sprooch beieneenezeféieren.

» **Une voix**.- Très bien!

» **M. Félix Braz** (*DÉI GRÉNG*).- Mir brauche Cohésion sociale zu Lëtzebuerg. Mir brauche Gemeinsamkeiten. Lëtzebuerg an all déi Leit, déi hei wunnen, an och all déi Leit, déi hei schaffen, sinn eng Schicksalsgemeinschaft. Déi Schicksalsgemeinschaft muss belaaschtbar sinn, och a schwéieren Zäiten. An dass Lëtzebuerg och ka schwéier a méi schwéier Zäiten erliewen, maache mir jo grad mat.

Elo geet et eis och an deene schwéieren Zäite manner schwéier, wéi villen anere ronderëm eis. Mä trotzdeem ass eng Gesellschaft a schwéieren Zäiten oft manner belaaschtbar wéi a gudden Zäiten. Et ass a gudden Zäiten, wou een d'Geleeënheeten, och d'Moyenen an d'Méiglechkeeten huet, a rouege Gewässer dat Gefill vun der Zesummegehieregkeet ze definéieren an ze stärken.

Mir mengen, dass mer dat an de leschte Jore beileiwen net genuch gemaach hunn. Déi Kris, déi mer och elo zu Lëtzebuerg an an der Welt hunn, soll eis och op dese Froen hei Ulass ginn, eis Gedanken ze maachen, wéi mer elo a kuerzer Zäit méi maachen, wéi mer an der Vergaangenheet gemaach hunn, fir wirklech als Gesellschaft esou vill Zesummenhalt ze hunn, dass mer belaaschtbar ginn, wa mer et net haut scho sinn.

Muer si Wahlen hei zu Lëtzebuerg fir d'Salariatskummer. Do si ronn 400.000 Leit op-

geruff, fir wielen ze goen. An et wäerten och, wéi bei deene Kéiere virdrun, virausiichtlech plus/minus een Drëttel vun de Leit vun hirem Recht Gebrauch maachen.

An der Aarbechtswelt hu mer vill Integratioun. D'Aarbechtswelt mécht der politescher Welt villen vir. Mir sinn am politeschen Zesummeliwe zu Lëtzebuerg wäit manner gutt wéi am Zesummeliwe an der Aarbechtswelt. D'Gewerkschaften hunn, wat dat betrëfft, den Institutionen an de Parteien an de leschte Joren a Jor-zéngten e puer Lektionen erdeelt.

Déi hunn eng Partie Saache besser gemaach, well déi méi fréi verstanen hunn an dat och virliewen, dass Solidaritéit, Zesummegehieregkeet an engem Betrib en héije Wäert duerstellt. E Wäert, dee se fleegen. E Wäert, dee se zesumme verdeedegen. Dat erkläert och, firwat dass mer déi Suerg vun der Integratioun do schonn op engem immens gudden Niveau hunn. Et gëtt wuel sozial Ënnerscheeder, bien entendu, mä d'Aarbechtswelt, d'Welt vun de Sozialwahlen, vun de Wahle fir d'Salariatskummer, déi mécht de Regierungen, Institutionen a Parteien, menge mer, méi wéi eppes vir.

Wa muer 400.000 Leit hei zu Lëtzebuerg opgeruff sinn, fir wielen ze goen, da sinn dat der méi wéi jee virdru bei iergendenger Wahl. Da sinn dat der e puermol méi wéi bei Chamberswahlen. Dat, wat muer bei de Saliariatswahlen an enger Kéier bei d'Urn geruff gëtt - ob et da bei d'Urn kënn oder net, dat ass jiddferengem fräigestallt -, ass esou vill wéi hei an dräi Parlamentswahle bei d'Urn geruff gëtt. Dat ass net näischt. Dat ass eppes. Un deem Beispill kënne mer eis och fir eng Partie Saachen inspiréieren.

Mir ënnerstëtzen och dëst Kadergesetz mat sengen Dispositiounen gären, well et och e Gesetz ass, wat d'Integratioun als e Processus à double sens definéiert, an net als eng Einbahn. E Processus à double sens, an e Gesetz awer och, wat eng Partie Neierunge kennt.

Et gëtt d'Iddi vun engem Contrat d'accueil et d'intégration agefouert. Dat soll fakultativ bleiwen, aus enger Rei vu gudde Grënn. Et soll net méi laang wéi zwee Joer daueren; dat fanne mer och gutt. Et soll een - an dofir hu mir als grénger Fraktioun, dass ech mech erënnere kann, ëmmer plädéiert - d'Leit no Méiglechkeet soubal se an d'Land kommen an déi dote Gespéicher eranhuelen, an net waarden, wéi am Kader vum Nationalitéitgesetz, wa se schonn eng ganz Partie Joren hei sinn, fir dann iwwer Examen ze soen: Du pass, du pass net. Dat mécht net vill Sënn. Do si mer exklusiv an do baue mer Barrieren op. Dat hu mer oft genuch hei ënnerstrach.

Dat ass fir eis dee richtege Wee. Soubal d'Leit an d'Land erakommen, ze probéieren dat, wat mir ënner Zesummeliwe verstinn, mat deene Leit ze deelen an e engem Processus à double sens op e Stéck gemeinsame Wee ze goen.

Et sinn och géigesäiteg Engagementen an deem Vertrag: Rechter souwéi Flichten, fir se alle béid. Och de Stat geet hei net nëmmen Exigence virdroen, mä e geet selwer och Engagementen an. Dat ass fir eis dee richtege Wee.

Duerfir soe mer och Jo zu där Iddi vun engem Vertrag, well e Vertrag och ëmmer d'Notioun vu Gläichberechtegte beinhalt. All Vertrag, deen ofgeschloss gëtt, ass nëmmen da valabel, wann déi Leit, déi sech op dee Kontrakt géenegt hunn, och fräi hire Wëllen artikuléiert hunn am Kader vun deem Vertrag. Dat ass am Droit civil de Fall.

Duerfir ënnerstëtze mer hei déi Iddi vun Vertrag, well een domadder och artikuléiert, dass d'Lëtzebuerger Gesellschaft, d'Société d'accueil, net eppes wëllt imposéieren oder net vun uewen erof kuckt, mä well se domadder och zum Ausdrock bréngt, datt se seet: Jo, mir gehéieren zesummen. Mir maachen elo e Stéck Wee zesummen, a mir probéieren och dofir eis op Aenhéicht ze begéien als gläichberechtegt Partner, déi gemeinsam Engagementen wëllen agoen.

Dat ass fir eis vun der Grondphilosophie hier eppes, wat mer absolut kënnen ënnerstëtzen. Do gehéiere Stéchwierder derbäi wéi Formation linguistique, déi mer da wirklech ab der Grenz an ab der Entrée endlech praktizéieren; woufir mir Gréng och scho laang plädéiert hunn a wat mer ausdrécklech bedauern, dass mer dat net éischter gemaach hunn. Dat géif eis haut vill Diskussiounen, vill objektiven lenger op béide Säite kënnen erspueren. Dat hu mer awer net; dat musse mer elo besser maachen. Dat hei ass eiser Meenung no en Ufank, fir op deen dote Wee ze goen.

D'„Kommissariat“, deen Numm, dee laang villen, ville Leit um Mo louch, gëtt elo ersat duerch en „Office“. Dat ass gutt esou. Dat ass net alles. Et ass net dat, wat et ënnert

dem Stréch ausmécht, mä et ass awer gutt gemaach, dass mer dat elo net méi „Kommissariat“ nennen a kee Kommissär méi hunn, well dat suggéiert ganz villen. Vläch ass et och net Zoufall, dass viru laange Joren esou en Numm op d'Tapéit komm ass. Dat huet bestëmmt och seng Ursaachen, déi mer haut awer iwwer Bord geheien. Dat ass och gutt esou.

Et ass och um OLAI, fir an Zukunft déi Contrat-typen auszuschaffen. Et muss och dee Plan d'action national pluriannuel gemaach ginn. Et ass do, wou dann eiser Meenung no och d'Musek bei dësem Gesetz wäert gemaach ginn. Haut stëmme mer de Kader. Mir hu kee Problem, fir dee matzedroen. D'Substanz entsteet awer an deene Contrats-types an am Plan d'action national pluriannuel.

Doriwwer eraus wäert dëst Gesetz och nach e puer Reforme bréngen, déi mer am Prinzip och ënnerstëtzen. Déi Reforme betreffen den CNE. Do ginn eng Partie Saachen aus der Welt geschaf, déi mer ëmmer bemängelt hunn, wou mer ëmmer geäntwert kritt hunn, dat wär gutt esou wéi et wier. Haut gi mer jo zou, dass dat net gutt war wéi et war, dass mer méi en équilibréierten Esprit an den CNE mussen erakréien, an net déi Saach vun der Majoritéit, dass déi ëmmer déiselwecht muss sinn, an net dass ëmmer deesewechten de President muss stellen. Dass mer all déi Saachen do hanner eis loosse, dat si positiv Saachen.

Positiv fanne mer och, dass déi consultativ Gemeengekommissiounen fir Auslänner elo generaliséiert solle ginn, an net méi just an deene Gemengen, déi de Seuil vun Auslänner bis elo erreecht hunn. Dat soll elo eng Normalitéit gi fir all d'Gemengen, egal wéivill auslännesch Präsenz een op sengem Territoire huet. Dat ënnerstëtze mer och. Och dass déi Kommissiounen en aneren Numm kritt, ass fir eis vläch net nëmme Maquillage, awer dann e Maquillage, dee gutt gemaach ass. Dat ënnerstëtze mer op jidde Fall.

Net genuch geregelt ass eis am Moment, wat de Rôle vun de Gemenge soll sinn. Do ass sech och nach villen afalen ze loosse a frësch ze definéieren am Kader vun deem Plan d'action, wou mer och gäre vun der Madame Ministesch beäntwert hätten, wéi si sech virstellt vun den Délaien hier, wéini dass dee soll op den Dësch kommen.

An eng lescht Remarque - an dann halen ech op, Här President -, fir awer nach eng Kéier ze ënnersträichen, dass mer bedauern, dass mer eis an dëser Mandatsperiod esou ugeluecht hunn, wéi mer eis eben ugeluecht hunn op all deene Projeten, déi am breede Sënn vum Wuert d'Migrante betreffen.

Mir hunn net, wéi den Här Angel gesot huet, plädéiert, dass alles an engem Gesetz soll gemaach ginn. Dat ass net de Punkt. Dat hu mir ni plädéiert. Et muss net ee Contenant sinn. Wat mer gäre gehat hätten, dat ass, dass de Contenu vun all deene Gesetz - d'Immigrations- an d'Libre-Circulations-Gesetz, d'Gesetz iwwert de Congé linguistique, d'Gesetz iwwert d'Nationalitéit, dëst Gesetz iwwert d'Integratioun -, dass vun deenen de Contenu also aus engem Worf diskutéiert gi wier.

A mir hätten eis souguer gewënscht, dass d'Integratiounsgesetz dat éischt gewiescht wier an dëser Diskussioun. Dat ass awer eréischt am Laf vun 2007 déposiert ginn. Dat hei hätt eiser Meenung no missen dat éischt Gesetz sinn, wat op den Teppech kënn, mat méi Detail wéi nëmmen engem Kader. Dat hätte mer eis gewënscht, an dass am Opbauen op dëst Gesetz an op déi Integratiounsambitiounen, déi mer doranner ausgedréckt hätten, dann déi aner och geschriwwen gi wieren, esou dass se déi Ziler vun Integratiounsgesetz ënnerstëtzt hätten.

Dat ass de Wee, dee mir gäre gehat hätten. Mir hunn eis leider just ëmgedrëint ugeluecht. Dat ass awer elo geschitt. Domat musse mer liewen. Ech wollt déi Remarque awer nach eng Kéier maachen, well mer wirklech mengen, dass mer eis hei vun der Aart a Weis hier net optimal ugeluecht hunn.

Dat gesot, Här President, bréngen ech nach eng Kéier d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Kadergesetz a

wënschen dem Gesetz vill Succès an och, dass déi Instrumenter, déi mer nach wäerte schafen, därer ginn, déi dem Land déngen, an net därer ginn, déi, ouni iergendeng Wierkung gehat ze hunn, a 15 Joer nees musse reforméiert ginn.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Braz. Nächste Riedner ass den Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Här President, Dir Dammen an Dir Härën, d'Auslänner sinn eng Beräicherung fir Lëtzebuerg - kulturell an ekonomesch. Si hëllefen ons alleguerten, fir dee schwierege Wee, dee mer zu Lëtzebuerg musse goen, fir ons weiderzeentwëckelen, fir als Land ze bestoen, fir Succèsen dobausse kënnen ze verzechnen.

Et muss ee soen, dass awer och déi Zuel vun Auslänner, déi mer am Land hunn, konstant klëmmt. Mir sinn elo op 42,6% vun Auslänner hei am Land ukomm. An der Stad Lëtzebuerg sinn et souguer 62%, a fir verschidde Quartieren iwwer 80% vun Net-lëtzebuerger. Dat ass en Défi, deem ee muss begéinen. Duerfir ware mer frou, dass d'ImmigratiounsGesetz e puer nei Limiten a Konditiounen festgehalen huet. Mir waren och frou, dass mer am NationalitéitGesetz konnte feststellen, dass eng vun onse Fuerderungen zrëckbehale ginn ass, dass, dass endlech d'Connaissancë vum Lëtzebuergesche géifen am Gesetz festgehalen ginn.

Mä et muss een awer och soen, dass zënter 1993, wou dat éischt Gesetz iwwert d'Integratioun gestëmmt ginn ass, déi successiv Regierungen a Matière vun Immigration Gottes Waasser iwwer Gottes Land lafe gelooss hunn. Dass gesäit ee schonn un dem Fait, dass am Rapport selwer eng zimlech schaarf Kritik un dem Commissariat aux étrangers festgehalen ass, wou drasteet: «...il n'est pas toujours facile d'entrevoir la réelle fonction de cet organisme...» Domadder seet also schonn d'Kommissioun, dass do an deem Commissariat net allze vill Bewegung war.

Dat Zweet, wat ee muss festhalen, dass ass, dass mer elo endlech op de Wee wëlle goe vun engem nationalen Aktionsplang hisiichtlech vun der Integratioun. An ech mengen, dass hätt och kënnen geschéien, ouni dass mer hätte misse waarden, bis dass dëst Gesetz gestëmmt ginn ass. Hei ass also vun dëser Regierung an och vun deene vieregte Regierung rose weéng op deem Gebitt gemaach ginn. Déi ganz Politik ass einfach esou higelaf gelooss ginn.

Mir sinn der Meenung, dass déi ganz Integratioun natierlech net iwwer esou e Gesetz, wéi mer et hei virleien hunn, ka realiséiert ginn, mä dass et och an haaptsächlech iwwert de Wee vun der Schoul muss goen, wou d'auslännesch Kanner müssen integréiert ginn, wou mer hinne müssen hëllefen, fir dass sech hei hir schoulesch Kompetenzen esou wäit wéi méiglech an esou gutt wéi méiglech entfalen.

Dat bedeit, dass mer méi niddreg Klassen-effektiver kréien, dass mer also an d'Schoul investéieren, fir dass mer zesummen dee Succès vun der Integratioun kënnen verzechnen.

D'Integratioun geet och iwwert d'Veräiner, déi e Rôle ze spillen hunn an der Integratioun. Et geet iwwer aner Manifestatiounen, wéi d'Fêtes de quartier oder de rue, wéi mer se a verschiddene Stied an notament an der Stad Lëtzebuerg kennen, wou se spontan vun de Bierger organiséiert ginn. Et geet och iwwert de Wee vun der Sprooch, iwwert d'Congé-linguistiquen an doduerjer, dass mer eng wierklech Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch hei am Land maachen, wat bis elo net de Fall ass.

En anere Problem, dee muss ugepaakt ginn, ass dee vum Aarbechtsmaart, wou mer gesinn, dass eng 1.600 Leit am Chômage sinn, déi weder Lëtzebuergesch nach Franséisch, Däitsch oder Englesch kënnen an doduerjer ganz vill Schwieregkeeten hunn, fir an den Aarbechtsprozess eranzekommen. Mir hunn dozou schonn ons Propositiounen an der Vergaangenheet virbruecht.

Well d'ADR net an der zoustänneger Kommissioun vertrueden ass, wäert ech mer erlaben, Madame Ministerin, fir e puer Bemerkungen ze maachen an e puer Froen ze stellen.

An deem Kontext muss ee festhalen, dass mer fir d'éischt fir de Contrat d'accueil et d'intégration, wéi mer en elo virgesinn hunn, nach kee Règlement grand-ducal hunn, wou mer wëssen, wat dann elo...

(*Interruption*)

...finalement an deem Text do soll dra sinn. Well dass wier nawell relativ utile gewiescht, well mer an anere Fäll kee Gesetz stëmmen, ouni dass esou Règlements grand-ducaux, déi bei d'Gesetz gehéieren, weinstens à titre de projet bäigesat ginn.

Et muss een hei festhalen, dass den OLAI, wéi een dat elo nennt, den Office luxembourgeois d'accueil et d'intégration sécher, fir eng Formation linguistique an eng Instruction civique an och d'sozial an d'ekonomesch Integratioun vun den auslännesche Matbierger ze förderen. Do gesäit een, dass do eng Obligatioun ass, déi awer ganz kloer - esou schéngt et ze sinn - dorobber higeet, fir d'Leit, déi sech hei durablement wëllen installéieren, op de Wee vun der lëtzebuergescher Nationalitéit ze bréngen. Dass schéngt mer eenegermoossen de Wee ze sinn, well d'Formation linguistique an d'Instruction civique zwee Dealer si vum NationalitéitGesetz. Dass muss et zwar net sinn, mä et schéngt awer ee vun den Objektiver ze sinn.

Mir begréissen, dass dat fakultativ ass, well et kann ee jo keen obligéieren, fir dass dat ze maachen. Den Auslänner muss au contraire derfir suergen, dass hien hei ka mat eegene Mëttele liewen, dass heescht, dass hien hei eng Schaff huet.

Praktesch stellt sech awer eng Fro. Wien hält d'Initiativ vum Kontakt? Ass dass den OLAI - den Office - oder ass dass den Auslänner oder ass dass e Mix vun deenen zwee? Geet dass iwwert d'Gemengen? Do schéngt mer eng gewëssen Imprécisioun elo am Text ze sinn. D'Regierung huet vläicht do praktesch Mesuré virgesinn. Ech wollt just nure soen, dass dass doten aus dem Text esou en tant que tel net onbedéngt ervirgeet.

Da gëtt geschwat vun enger Aide financière, vun enger Hëllef, déi d'Gemengen an och d'Acteurs de la société civile kréien. Do wollt ech froen, ob am Budget 2009 scho spezifesch Mesuré virgesi sinn, spezifesch Montantë festgeluecht gi sinn, fir de Gemengen ze hëllefen a Konsequenz vun deem neie Gesetz, wat jo och a sechs Méint ongeféier soll a Kraaft trieden.

Da schéngt mer déi Definitioun vun „Acteurs de la société civile“ relativ vag ze sinn. Dofir wollt ech lech froen, Madame Ministerin, wien dorënner ze verstoen ass.

Ech verstinn, dass dass vläicht verschidden Associatiounen sinn, déi sech spezifesch ëm d'Auslänner këmmen, mä et kéinten och d'Gewerkschaften an eventuell souguer d'Parteien sinn, déi bereet sinn, fir Auslänner - also Netlëtzebuerger - eranzehuelen an hir Parteien oder Gewerkschaften. Duerfir wollt ech also do och e puer Informatiounen kréien.

E leschte Punkt, dee mer och nach e bëssen obskur schéngt, sinn déi Commissions consultatives d'intégration, déi déi bestehend Auslännerkommissiounen sollen ersetzen. Wann ech den Text richtig verstinn, ginn déi bestehend Auslännerkommissiounen ofgeschaf. D'Fro stellt sech, well och hei kee Règlement grand-ducal virläit, ob déi Kommissiounen, déi elo scho bestinn, ënnert där Kompositioun kënnen weiderlafen ënnert deem neie Règlement an ënnert deem neie Gesetz, oder ob do müssen neier gewielt ginn.

Ob d'Missioun vun deenen Auslännerkommissiounen oder elo Commissions d'intégration - wéi se genannt ginn - erweitert gëtt oder net, dass schéngt mer nach e bëssen am Flou ze sinn, well ech et net konnt am Text gesinn. Dofir Madame Ministerin, wollt ech lech also froen, ob Der wëilt esou gentille sinn, fir mir an och deenen anere Membere vun der Chamber an der Öffentlechkeet matzedelen, wéi mer dass Gantz do solle praktesch ugoen.

(*M. Lucien Weiler reprend la Présidence*)

Dat gesot, ass et zesumme faassend awer e richtige Geste an déi richteg Richtung. E kënt spéit. Et ass kloer, dass mer nach an där ganzer Fro musse wachsam sinn, dass mer déi néideg Schrëtt och nach an Zukunft huelen an dass mer notament och Akzenter setze fir d'Verdeedegung vun der Lëtzebuerger Sprooch.

Dat gesot, wëll ech awer och soen, dass d'ADR wäert dësem Gesetzesprojet zoustëmmen.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Henckes. Zum Ofschloss vun der Debatt a vun dësem Projet huet déi zoustänneg Ministesch, d'Madame Marie-Josée Jacobs, d'Wuert.

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härën, ech freeë mech selbstverständlech ganz ausseruerdentlech, dass ech gesinn, dass mer vu sämtleche Parteien an der Chamber d'Zoustëmmung kréie fir dee wichtege Projet, den haut hei gestëmmt gëtt. Ech géif wierklech der Rapportrice an de Memberen aus der Kommissioun e grouse Merci soe fir déi Aarbecht, déi se a ville Sëtzungen gemaach hunn - a bekannterweis sinn ech jo heiansdo e bëssen ongedëlleg, da gëtt ëmmer e bëssen hannerdu gedriwwen -, dass mer dass awer elo fäerdeg hunn, well ech och dervun iwwerzeegt sinn, dass et e wichteg Gesetz ass, wat mer haut stëmmen.

Ech si manner mat deene Kolleeginnen a Kolleegen d'accord, déi soen, et wier besser gewiescht, mir hätten dass alles an engem Gesetz gemaach. Ech si jo bekannterweis dës Kéier net fir d'éischt an enger Regierung, mä ech mierken awer: Bei esou schwierigen Dossiere wéi der Immigration an der Integratioun fannen ech et besser, wann déi op zwou Schëllere verdeelt sinn.

Do fannen ech et och besser, wann et op zwou Parteien verdeelt ass. Et ass méi eng grouss Solidaritéit do, wann een dass zu zwee ka maachen, wéi wann een dass eleng huet. Vun dohier fannen ech ewell, dass dass gutt ass. Och well derbäikënn, dass net nëmmen d'Integratioun an och net d'Immigratioun eleng zoustänneg ass.

Mir hunn ëmmer nach - an et ass hei drop higewise ginn; besonnesch och vum Félix Braz - iwwert d'Schoul Rieds. Wann ech nach eleng zoustänneg wier, oder den Nicolas Schmit eleng zoustänneg wier dofir, wier hien net zoustänneg fir d'Éducation nationale; hie wier net zoustänneg fir den Aarbechtsmaart; hie wier net zoustänneg fir d'Santé.

Dofir gesitt Der also, wann een esou e wichtege Projet huet wéi den heiten, dann ass et nëmme méiglech, wann d'Leit alleguerten zesummeschaffen. Dann ass et och nëmme méiglech, wa mer dass wëlle maachen a wëlle reusséieren, wa mer et gemeinsam maachen.

Här President, ech hätt Iddi, fir hei elo weinstens eng Stonn ze schwätzen.

(*Interruptions*)

Ech wëll lech esou viles soen, well et wierklech eppes ass, wat mer um Härerz läit a well ech denken, dass et néideg ass, dass mer eis awer wierklech domadder ausersetzen. Ech weess awer, dass Der mer dass wahrscheinlech géift iwwelhuelen, duerfir wëll ech dass net esou wäit driewen.

(*Interruptions diverses*)

» **Plusieurs voix.**- Ooohhh!

» **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Ech lauschteren lech ëmmer gär no.

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Ah, ma dass schéin! A souguer op där Lëtzebuerger Sprooch, wou ewell d'Leit heiansdo mengen, et wier auslännesch.

» **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Et ass wéi eng Rees.

» **Une voix.**- Mir hunn näischt méi vir.

(*Interruptions diverses*)

» **M. le Président.**- Kommt, lauschtert emol! Wann ech d'Madame Minister elo eng Stonn schwätze loosse, da sinn der eng ganz Rei, déi mech op d'Reglement opmierksam maachen. Mä op jidde Fall, Madame Minister, schwätzt Dir roueg. Mir lauschteren lech gären no.

» **M. Charles Goerens** (*DP*).- Mir apprécieieren der Ministerin hir Aussprooch awer och ganz staark, egal wéi laang dass et dauert.

(*Hilarité*)

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Hir Asprooch an hir Aussprooch.

(*Hilarité*)

Här President, ech wëll elo net nach hei mat Geplänkele Zäit verléieren, mä ech denken, dass et awer wierklech wichteg ass, fir op e puer Phenomeener hinzeweisen, wa mer gesinn, dass mer wierklech hei am Land - an

déi Zuele sinn de Mëtteg eng ganz Partie Kéiere genannt ginn - 40%, 60% Auslänner hunn an dass aner Länner aner Weeër ginn.

Ech hat d'Geleeënheet, op d'Robert-Bosch-Institut invitéiert ze ginn, fir justement iwwer Integratioun an och Demographie mat hëllefen ze diskutéieren. A Baden-Württemberg rechne se dermat, dass se bis am Joer 2020 eng Millioun manner Awunner hunn. „Und jede fünfte Schulbank wird leer bleiben“, hunn déi gesot. A si hunn och net wëllen, op dee Wee do ze goen. Mä da muss een awer wëssen, wéi een et op eng aner Aart a Weis fäerdeg kritt, fir senge Verpflichtungen nozekommen.

Mir gesinn also, dass d'demographesch Entwécklung an Europa generell net esou ass, dass mer iwwerhaupt emol nëmmen d'Leit ersat kréien, geschweige denn, dass mer méi Leit kréien. Mir gesinn, dass et an den nordesche Länner an a Frankräich besser ass wéi op anere Plazen. Dass gesi mer virun allem, well se och eng gutt Egalitéit zwëschent Männer a Fraen hunn, déi ewell do besser zënter Jore besteet, wéi dass an deene südleche Länner de Fall ass.

Wa mir hei zu Lëtzebuerg gären en héije Liewensniveau halen, da brauche mer eng dynamesch Wirtschaft. Mir brauchen nei Aarbechtsplazen. Mir hunn am Fong just zwou Reserven: eng stëll, déi eng Kéier vun de Fraen ofhänkt fir op den Aarbechtsmaart, an déi aner och vun deenen eelereen Arbeitnehmerinnen an Arbeitnehmer.

Dass ass also och eng Fro, wéi mer eis selwer an deenen nächste Joren hei organiséieren, wat den Einzelne vun eis och bereet ass, nach zousätzlech ze maachen a virunzemaachen, ob mer bereet sinn, méi laang och selwer schaffen ze goen, ob mer eis och nei Aarbechtsmodeller afale loosse, wou mer zum Beispill während Zäite soen: Wann d'Kanner kleng sinn, kann ee méi liicht vum Aarbechtsmaart goen. Et brauch een da manner Zäit ze schaffen. Et kann een herno méi laang schaffen.

Eng aner Phas vum Liewen, wou et och wichteg wier, wou ee sech méi kéint ëm seng Leit këmmen, ass zum Beispill, wa seng Elteren al ginn oder och sai Partner oder seng Partnerin eventuell fleegebedürftig ass; fir eis also och do nei Modeller afalen ze loosse, wéi dass, wat mer bis elo traditionell gemaach hunn.

D'Europäesch Kommissioun seet, dass bis 2020 20 Milliounen Leit an d'Pensioun ginn a bis 2050 50 Milliounen Arbeitnehmerinnen an Arbeitnehmer an Europa pensionéiert ginn. Da brauch een hei keng Zeechnung ze maachen, fir ze weisen, wéi dass och bei eis an deenen nächste Joren ausgesäit, an dass mer sécher müssen aner Leit siche goen - an Afrika an Asien -, well mer se hei och net méi an Europa an och net an der Groussregioun fannen, esou wéi mer dass an deene leschte Joren haten.

Bis elo feelen an der ganzer Welt enorm vill Fachkräften, zum Beispill Ingenieuren a Facharbechter.

(*Brouhaha et coups de cloche de la Présidence*)

» **M. le Président.**- Ech bieden ëm e bëssen Opmierksamkeet fir d'Madame Minister!

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Merci, Här President.

Dir hutt zum Beispill gesinn, dass an Ost däitschland während laange Joren net méi nei Leit ausgebilt si ginn um Aarbechtsmaart an dass se - si sinn haut elo vläicht geschwënn erëm an enger anerer Situatioun, mä - während enger Zäit, wou d'Ekonomie besser gaangen ass, ganz schlecht dru waren, well se keng Facharbechter méi haten, fir an hire Betriber ze schaffen.

Hei zu Lëtzebuerg wëll ech all deene Leit, déi heiansdo jo domm Remarquë maachen, eppes soen. Ech ginn deenen alleguerten och Recht, déi hei gesot hunn: Mir sinn och hei net geimpft géint Rassismus. Mir müssen also do ganz wachsam sinn. Mä zënter ganz laange Jore géif emol keen Haus méi gebaut ginn, et géif net méi ganz vill gebotzt ginn hei zu Lëtzebuerg, et géifen net méi ganz vill Leit gefleegt ginn an den Altersheimer an an de Kliniken, wann net auslännesch Leit do wieren. Dass muss een heiansdo och soen, fir dass een emol gesäit, dass dass net esou abstrakt Geschichte sinn, déi hei erzielt ginn, mä dass et ganz normal a ganz aldeeglech Froe sinn, déi sech do stellen.

Dofir brauche mer nei Gesetzer, sougutt fir d'Immigratioun wéi och fir d'Integratioun. Déi verschreift een awer net. Dofir wëll ech deene Kolleeginnen a Kolleegen soen: Hei hu mer e KaderGesetz. Ech géif mer eigentlech wënschen, mir géifen haaptsächlech

Mardi,
11 novembre 2008

fir déi, déi aus Drëttstate kommen, well et ganz dacks Leit sinn, déi an der Industrie an an de Betriber gebraucht ginn. Also hu mer gesot, fir jiddfereen, dee kënnt, maache mer et éischter, datt mer d'Leit incitéieren, dee Kontrakt ze ënnerschreiwen.

Dofir soe mer, Dir kritt e Sproochecours, Dir kritt e Civiquescours, Dir kritt och Informatiounen, a mir maachen eng Journée d'information, wou d'Leit iwwer alles informéiert ginn, wat mat der Gesondheet ze dinn huet, wat mat der Schoul ze dinn huet. All déi Froen, déi e Mënsch sech ka stellen, kréie se do beäntwert. Et sinn d'Gemengen, déi d'Leit drop opmierksam maachen, datt se sech kënnen un den Office d'accueil et d'intégration wenden, fir eben do alleguerten déi Informatiounen ze kréien, déi se brauchen.

Mir hunn, fir op déi Fro vum Här Henckes ze äntwerten, och elo ewell Suen am Budget gehat, a mir hunn d'Gemengen ugeschriwwen, mat engem Bréif derbäi, wou mer hinne gesot hunn, wat fir eng Méiglechkeete se hätten, fir Aktiounen ze maachen. Ech mengen net, datt et esou ass, datt d'Gemengen net wëllen Aktiounen maachen, mä datt si ganz dacks einfach net wossten, wat se kéinte maache fir d'Integratioun. Bis elo ass awer den Erfolleg nach net gradesou grouss. Dofir wiere mer och frou, wa jiddfereen heibannen, deen an de Gemengen eppes ze soen huet, nach där Projete géif maachen, souguer nach fir 2008. Selbstverständlech sinn och am Budget vun 2009 Sue virgesinn, fir datt déi Aktiounen och kënne virufefouert ginn.

Mir hate während enger laanger Diskussioun an der Chamberskommissioun gesot, datt mer déi Gemeengekommisiounen, déi elo am Amt sinn, virufuere loossen, se weider fonctionnéiere loosse bis no den nächste Wahlen, well et ze vill komplizéiert ass, fir elo matzen an der Gemeengelegislaturperiod domadder opzehalen.

Interkulturellen Dialog ass sécher eppes, wat wichteg ass, a wat mer och mussen zwëschent dem Stat, de Gemengen an den ONGe fördern, an de pluriannuelle Plan d'action ass fir mech den A an den O. Fir mech gehéiert an dee pluriannuelle Plang zum Beispill de Congé linguistique dran. Et gehéiert dran, datt Jugendlech kënnen an d'Jugendhaiser goen, datt d'Eltere wëssen, wat fir eng Structures d'accueil et fir hir Kanner gëtt.

» M. le President. - Madame Minister, Dir musst zum Schluss kommen.

» Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.* - Jo, ech halen elo direkt op, Här President.

A mir hunn e Bilan virgesinn, deen no fënnef Joer gemaach gëtt, fir datt mer dann och gesinn, wat mer gutt gemaach hunn a wat mer nach hätte kënne besser maachen.

Iwwert déi aner Saachen hätt ech elo nach e bësse kënne schwätzen, mä datt Meeschst dovunner ass schonns gesot ginn. D'Madame Rapportrice hat jo iwwert déi verschidden Instrumenter geschwat, an ech denken a sinn och iwwerzeegt, datt mer eis no enger Zäitch ze wäerten ermëgsinn, fir dann ze kucken, wat gutt gougng, respektiv och dat, wat manner gutt gougng.

Villmools Merci, datt Der mer haut den Owend dat Gesetz hei wäert stëmmen.

» M. le President. - Merci, Madame Minister.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zur Ofstëmmung vum Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5825 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Christine Doerner), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Lucien Clement), Marcel Sauber (par Mme Martine Stein-Mergen), Jean-Paul Schaaf, Marco

Jugendlecher aus der Immigratioun dra sinn, méi wéi an deenen traditionelle Veräiner. Da gëtt ëmmer erëm gesot, fir Kapverdianer, fir d'Portugisen ass dat wichteg. D'Pompjeeë spillen eng wichteg Roll. A bei ville Kanner, déi vläicht d'Chance net haten, an der Schoul mat virunzekommen, ass et wichteg, hinnen ze weisen: Dir gitt an eiser Gesellschaft gebraucht. Mir brauche Pompjeeën, mir brauche Sekuristen, also probéiere mer dat och ze maachen.

Ech weisen Iech hei just e puer esou Biller, wou mer amgaang sinn, elo e Kalenner ze maachen, fir eben déi Jugendlech och ze motivéieren, fir do matzemaachen a fir hinnen domadder e Gefalen ze maachen op där enger Säit an eis op där anerer Säit och erëm. Fir domadder och erëm eng Kéier ze beweisen, datt et wichteg ass, datt et Geben und Nehmen ass.

Wichteg ass et och, déi Jugendlech oder Leit ze weisen, déi aus der Immigratioun kommen an déi et hei zu Lëtzebuerg fäerdeg bruecht hunn, hiert Liewe gutt ze réusséieren,...

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

...ob dat de John Castegnaro ass,...

(Hilarité)

...ob et de Félix Braz ass, oder wien och ëmmer et ass, ze weisen an ze soen: Kuckt emol, dat si Leit, déi kommen aus der Immigratioun!

(Interruption)

Den Här Bettel, a wahrscheinlech sinn et der nach.

(Interruptions)

Ech wëll einfach soen, dat ass e wichtegt Zeechen, fir de Leit do ze soen, och Dir als Kanner, wann Der och net vun hei sidd, Dir hutt déiselwecht Chancen a musst och déiselwecht Mëttelen a Méiglechkeete kréien, fir kënnen am Liewe virunzekommen.

Mir gesinn zum Beispill, datt am Ausland et keng Schwieregkeete gëtt mat där éischter Generatioun vun Immigréierten an och net mat där zweeter, mä datt d'Problemer haaptsächlech an der drëtter Generatioun komme bei Kanner, déi soen, mir si gebuer hei an Holland oder a Frankräich, mir sinn hei an d'Schoul gaangen a mir hunn awer keng Chance a kommen awer zu näischt an eisem Liewen, déi dann eng llicht Beute si fir alleguerten déi Leit, déi net vill...

(Coups de cloche de la Présidence)

» M. le Président. - Léif Kollegeen, d'Madame Jacobs hält hei zu enger ganz sensibeler Matière eng Ried. Ech géif awer wierklech ëm Opmierksamkeet biede fir dat, wat se seet!

» Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.* - Ech gi mer awer Méi, Här President, fir elo séier opzehalen, well ech gesinn, datt dat awer net esou interesséiert. Mir strapazéieren d'Leit vläicht awer, well et ze vill laang dauert.

Ech wëll soen, datt déi Integratioun keng europäesch Kompetenz ass. D'Immigratioun ass et, mä net d'Integratioun. Elo kierzlech huet déi drëtt Konferenz doriwwer stattfonnt, a mir hunn awer do gemierkt, datt d'Integratioun eppes ass, wou déi eenzel Länner sech eigentlech hir Kompetenze selwer mussen erschaffen a wou mer dat also net vu vireran an d'Wéi geluecht kréien.

Mir hunn d'Gesetz vun 1993 net evaluéiert, well de Conseil d'État eis niewebäi gesot huet, mir brächten dat hei och net ze bilanzéieren, well dat alles net néideg wier. Ech sinn och frou, datt eng ganz Partie vun deenen Iddien, déi mer am Gesetz oder am Projet haten, och vun der Kommissioun positiv matbegleet goufen a gesot gouf, mir wëllen awer hunn, datt dat do och virufefouert gëtt. Doduerch, datt mer elo den Office luxembourgeois de l'accueil et de l'intégration hunn, denken ech, datt mer och domadder e Schrëtt méi virukommen.

Ech wëll awer och soen, datt an deene Joren et net ëmmer méiglech war, déi Integratioun ze maachen. De Kommissariat ass net schlecht ewechkomm an deem Rapport, well e seng Aarbecht net gemaach hätt, mä well e ganz vill Aarbecht hat mat deemools enger ganz grousser Zuel vun Demandeurs d'asile, déi komm sinn, an nëmmen eng kleng Zuel vu Leit zur Verfügung hat, déi sech dorëmmer hu misse këmmern.

De Contrat d'accueil et d'intégration ass fräiwëlleg, sougutt fir déi eng wéi fir déi aner. Fir déi Leit aus Europa hate mer iwwerhaupt keng aner Wiel, an duerfir hu mer gesot, mir ginn en net obligatoresch aféiere

Duerfir wëll ech nach eng Kéier soen, et geet also hei dorëm, datt d'Leit sech kenne léieren. Mëttlerweil ass dat keen Thema méi. Do ass och villes geschafft ginn, och vill mat ONGen. Dat ass haut net méi déiselwecht Situatioun. Mä wéi gesot, et ass eppes, wat net vum selwe geet. Duerfir musse mer eis dorëmmer ëmsou méi beméien.

Esou wéi d'Lëtzebuenger e Logement an eng Aarbecht brauchen, mat deene se würdeg kënne liewen, brauchen d'Auslänner dat selbstverständlech och. Si mussen awer op där anerer Säit och hiert perséinlecht Engagement huelen, fir sech wëllen ze integréieren. An ech wëll soen, et ass integréieren an net assimiléieren, well mer net wëllen hunn, datt d'Leit op alles musse verzichten, wat se aus hirem fréiere Liewe matbruecht hunn, mä well mer gären hätten, datt si och un hirer Kultur an hiren Traditione kënne festhalen. Mä si mussen awer och d'Wäerter vu Lëtzebuerg respektéieren, ob dat d'Mënscherechter sinn, ob dat d'Gläichheet zwëschent Männer a Fraen ass an eng ganz Partie anerer vun deene wichtege Froen.

Da komme mer selbstverständlech awer zu der Sprooch: zum Lëtzebuergeschen. Wat jo net ëmmer esou einfach ass. Wa mer soen, mir proposéiere Sproochecoursen iwwert dee Contrat d'intégration, dann ass dat fir Leit, déi heihinner kommen an déi weder Däitsch nach Franséisch nach Lëtzebuergesch kënnen. Si kënnen eng vun deene Sprooche wielen a fir fënnef Euro an e Cours goen.

Selbstverständlech muss um Enn vun deem Cours deen, deen de Cours gehalen huet, derbäischreiwen, déi Persoun war do an huet och probéiert, hiert Bescht ze maachen, fir eppes doraus ze léieren, fir datt Der och wësst, datt mer eis awer och do e bësselche méi Gedanke gemaach hunn, wéi dat vläicht op den éischte Bléck ausgesäit.

Mir gesinn och, datt ganz vill Angeboter elo ewell gemaach goufen an de Gemengen, och vun ONGen, fir eben de Leit doranner virunzehëllefen.

Zu Metz, ebe just op deem berühmten Ausfluch, deen dohinner gemaach gouf, hunn d'Leit dann alt erëm gesot: Wann et dorëm geet, datt eng Gasleitung soll explodéieren, da kënne mer net ufänken, a 77 Sproochen de Leit ze soen, passt op, et ass eng Gasleitung amgaang, defekt ze ginn, a wann Der mat Ärer Zigarett erausgitt, da flitt alles an d'Luucht. Also ass et och wichteg aus praktesche Grënn, de Leit ze soen, hei probéiert d'Sprooch ze léieren, et ass an Ärem Interessi weinstens esou vill wéi an engem anere sengem.

Mir haten en anert Beispill vun enger Hollännerin, déi en Altersheim wollt opmaache fir eeler Hollänner hei zu Lëtzebuerg. Ech hunn zu der Madame gesot, dat kënnt net a Fro, well mir fänken net un, fir 193 verschidden Nationalitéiten Altersheimer ze bauen. Mä déi Fra huet mer do awer eppes gesot, wat mer och agellicht huet. Si huet gesot: Meng léif Madame, wësst Dir, wéi schwéier et ass, wann een a sengem Liewen ni Lëtzebuergesch geléiert huet an op eemol ufänkt, al an dement ze ginn, an et ass kee méi do, deen ee versteet?

Duerfir wëll ech soen, ech schwätzen hei net aus Nationalismus, mä ech soen einfach, et ass fir deem Eenzelne säi Liewe vill méi kammoud, wann e léiert Lëtzebuergesch ze schwätzen, wann e léiert, sech mat deene Leit hei ronderëm ze ënnernhalen. Wa mer kucken an eise Quartieren, da schwätzen déi eng Franséisch, déi aner Däitsch, déi aner Englesch. Also ass d'Lëtzebuergesch fir mech eigentlech eng Sprooch, wou et wichteg ass, datt ee se kann, fir matenee kënnen ze kommunizéieren.

En anert ganz flott Beispill, wat mer hunn, datt ass an der Gemeng Déifferdeng, wou mer mat der Initiativ Liewensufank zesumme bei Leit ginn, déi Kanner kréien, wou d'Gemeng dat matdréit, a wou se och kucken, datt se wa méiglech Leit hunn, déi aus der Immigratioun kommen, fir an där Sprooch an déi Kultur kennend mat deene Leit ze schwätzen, déi eben dat Kand kréien - Kapverdianer, Portugisen an esou virun.

Ech gesinn, datt dat nach eng kleng Initiativ ass, mä ech kéint mer gutt virstellen, datt se sech och iwwert d'Land géif als wäertvoll erweisen, well déi Leit och wësstens, wouhi se sech misste wenden, wa se eng Kéier Problemer hätten. Da gesinn ech, datt dat alles esou Initiative sinn, déi nach net generell bis elo sinn, mä wou een awer gesäit, datt dat och eppes bréngt.

Ech gesinn d'Jugendhaiser, wou mer mat de Gemeenge villes dra schaffen a wou mer besonnesch gesinn, datt do ganz vill

Kadergesetzer maachen. Well näischt hënnert eis drun, fir villes ze maachen, wa mer de Kader derfir hunn. Mä heiansdo schreiwe mer Saachen dran, a wa mer se bis drageschriwwen hunn, da mierke mer, datt et net ëmmer esou einfach ass, fir se herno och erëm ëmgesat ze kréie respektiv datt d'Ëmsetzungen och net esou evident sinn.

» M. le Président. - Très bien!

» Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.* - Integratioun ass eppes, wat een net per Gesetz verschreift. Mä Integratioun - an dat ass vu villen elo gesot ginn - ass eppes, wat sech all Dag nei erschafft vun den Immi-granten a vun de Lëtzebuenger.

Et ass keng Einbahnstrooss. A wa mer 1993 ee Gesetz haten, wou vill Elementer vun der Integratioun dra waren, da musse mer eis awer opgrond vun deenen neien Eraus-fuerderunge bewosst sinn, datt mer méi eng proaktiv a voluntaristesch Politik brauchen, fir eben och dat doten ze realiséieren.

Mir hunn haaptsächlech bis elo Immi-gratioun aus Europa. Mir hu just 6,5% Bierger, déi aus Drëttstate kommen. Ech si ganz frou, datt de Félix Braz och hei gesot huet, datt eis Integratioun net esou schlecht war. Mir hate bis haut net Quartieren, wou kee Mënsch sech dra getraut huet. Mir hate bis haut keng Autoen, déi gebrannt hunn. Mir hate bis haut vill Saachen net, déi op anere Plaze waren, well eben déi Integratioun hei am grousse Ganzen awer gutt fonctionnéiert huet.

Dat huet och Grënn: Well mer néierens Quartieren haten, wou exklusiv Leit aus der Immigratioun dra gewunnt hunn, déi sech selwer eleng iwwerlooss goufen. Dir kënnt duerch d'Lëtzebuenger Land fueren an Dir fannt net een Duerf ouni Auslänner. A wann een eent fënn't a mer seet: Do ass keen eenzegen Auslänner, deen dra leeft, weist Der mer dat, an da ginn ech mat Iech e Patt do an dat Duerf drénken, well dat, mengen ech, existéiert net.

» Une voix. - Dann ass et awer schwéier, nach e Wiert ze fannen, deen nach e Lëtzebuenger ass.

» Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.* - Dat ass allerdéngs net falsch. Et ass schwéier, datt mer dann e Wiert fannen. Dat ass erëm eng aner Fro.

(Hilarité)

Mä ech mengen net, datt dat elo awer hei...

(Interruption)

Ech wëll just soen, datt besonnesch an där doter Debatt an deene leschte Joren och d'ONGen eng wichteg Roll gespillt hunn. Vun den ONGen, déi heiansdo mat mir Sträit hunn an ech mat hinnen, muss ech awer soen, datt se ganz vill a wäertvoll Aarbecht geleescht hunn, besonnesch och doduerch, datt se sech ëm d'Kanner gekëmmert hunn, ëm d'Kanner an d'Jugendlech an deene Quartieren. Ech denken un d'Caritas, ech denken un d'Inter-Actioun, ech denken un d'Croix-Rouge an ech kéint esou virufueren. Dat si Leit, déi wierklech ganz villes opweises hunn.

Vun dohier denken ech, datt mer iwwerhaupt ni hätte kënnen dat Gesetz hei maachen, ouni datt mer alleguerte mat deene Leit doriwwer diskutéiert hätten, zesummen och mat dem Syvicol, mat deem mer iwwregens zu Steesel eng Sëtzung haten, wou och auslännesch Leit do waren, deemools zum Beispill och e Vertrieder vu Gand, well mer ebe woussten, datt déi do eng ganz speziell Politik géife maachen.

Niewent dem Stat, de Gemengen an der Zivilgesellschaft musse mer alleguerten a jiddferee Säint derzou bäidroen, fir dee grousse Chantier vun der Integratioun ze réusséieren. An ëmmer erëm, wann et Viruerteeler gëtt an eiser Gesellschaft vis-à-vis vun deem Friemen oder deene Friemen, da muss ee wëssen, datt et virun allem d'Angscht ass.

Ech géif hei wëllen de Buergermeeschter vu Wolz fir Témoin huelen, datt mer während Joren eng Diskussioun haten zu Wolz, datt d'Leit gesot hunn, owes um aacht Auer traut kee sech méi zu Wolz, virun d'Dier ze goen. Dunn hate mer eng Kéier eng grouss Réunionion do, wou de ganze Sall voll war zu Wolz. Wat net esou evident ass, wann een eppes do organiséiert. Mir hunn zu de Leit gesot: Wat ass da geschitt? An dunn hunn d'Leit gesot: Jo, mä owes kann een net erausgoen, da sti se ëmmer do op der Strooss an da kënnt een net mam Hond laanscht. Et huet een am Fong gemierkt, datt et eng Angscht war, déi d'Leit gespiert hunn, mä datt se awer net konnte soen, et wier eppes Konkretes, wat geschitt wier.

Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme

Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieeps, Claude

Meisch (par M. Alexandre Krieeps) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm fir haut. Déi nächst Sitzunge si programméiert fir den 18., 19. an 20. November.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.06 heures)

SÉANCE 8

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Laurent Mosar, Vice-Président, Mme Anne Brasseur, Doyenne

Sommaire

1. Communications
- M. le Président
2. Ordre du jour
- M. le Président, Mme Viviane Loschetter, M. Xavier Bettel
- Vote (proposition de modification de l'ordre du jour rejetée)
3. Dépôt d'une motion par M. Claude Meisch
- M. Claude Meisch
4. Déclaration de politique européenne et étrangère présentée par M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration
- M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration
5. Résolution de M. Charles Goerens relative à l'instauration d'une commission spéciale pour le suivi de tous les aspects liés à la crise financière et au ralentissement économique
- Exposé: M. Charles Goerens
- Discussion générale: M. Gast Gibéryen, M. Ben Fayot, M. Michel Wolter, M. Félix Braz
- Vote (résolution adoptée)
6. 5622 - Projet de loi portant réforme de la formation professionnelle et portant modification a) de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État; b) de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue; c) de la loi du 1^{er} décembre 1992 portant 1. création d'un établissement public pour le développement de la formation professionnelle continue et 2. fixation des cadres du personnel des Centres de formation professionnelle continue; d) de la loi du 31 juillet 2006 portant introduction d'un Code du Travail
- Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle: M. John Castegnaro
- Discussion générale: Mme Françoise Hetto-Gaasch, Mme Anne Brasseur, Mme Viviane Loschetter (déposant un amendement), M. Robert Mehlen, M. Marc Spautz, M. Eugène Berger, Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, Mme Anne Brasseur, M. Marcel Oberweis, Mme la Ministre Mady Delvaux-Stehres
- Vote sur l'amendement (rejeté)
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; Mmes Marie-Josée Jacobs, Mady Delvaux-Stehres et M. Mars Di Bartolomeo, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 15.03 heures)

» M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

» M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.- Neen, Här President.

1. Communications

» M. le Président.- Ech hu folgend Matdeelungen un d'Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:

5955 - Projet de loi relative à l'Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte et à la Loterie Nationale et modifiant: - la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu; - la loi modifiée du 20 avril 1977 relative à l'exploitation des jeux de hasard et des paris relatifs aux épreuves sportives

Dépôt: Monsieur Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, le 11.11.2008

5956 - Projet de loi portant modification de la loi du 13 mars 2007 autorisant la participation de l'État à la reconstruction de l'Aile Centrale, à la rénovation, la transformation et la modernisation de l'Aile Cité du Centre intégré pour personnes âgées de la Fondation J.-P. Pescatore

Dépôt: Madame Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 17.11.2008

5957 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (CE) N°689/2008 du Parlement européen et du Conseil du 17 juin 2008 concernant les exportations et importations de produits chimiques dangereux

Dépôt: Monsieur Lucien Lux, Ministre de l'Environnement, le 17.11.2008

3) En date du 12 novembre 2008, l'association „Fir méi Liewensqualitéit“ a.s.b.l. a remis la pétition N°290 contre les nuisances excessives aux environs de la station émettrice de RTL à Marnach.

4) La Région Europe de l'Assemblée parlementaire de la Francophonie (APF) s'est réunie du 5 au 8 novembre 2008 sur invitation de la section bulgare. La Chambre des Députés y fut représentée par M. le Député Michel Wolter.

La Bulgarie figure en tant que section associée parmi les 28 sections de la Région Europe de l'APF. Ces sections associées sont formées par les parlements qui font usage de la langue française, notamment dans les réunions internationales, et qui encouragent l'usage, l'enseignement et la diffusion de la langue française.

Sur le plan culturel et spirituel, des générations de Bulgares considèrent l'apprentissage de la langue française comme une voie de ralliement et d'association aux valeurs et aux idéaux humains universels. L'enseignement du français et le respect pour la culture et la civilisation française témoignent de leur volonté d'édifier leur société et leur état démocratique et de droit sur base de ces valeurs universelles. Le français est la première langue uest-européenne enseignée dans les écoles et les universités bulgares.

Au cours de son allocution lors de la cérémonie solennelle d'ouverture, M. Freddy Deghilage, Chargé de Mission Europe de l'APF, a souligné qu'avec la mondialisation «la francophonie est passée de la langue à la culture, de la culture à la politique et de la politique à l'économie» et qu'elle entretient «des rapports étroits avec d'autres régions du globe et veille, grâce à une diplomatie préventive, à rendre aux pays ou aux régions en crise une légitimité au sein de la communauté internationale».

Les travaux à l'ordre du jour

Les travaux de la XXI^e Assemblée régionale Europe ont porté sur le thème «Le développement des relations internationales régionales dans l'Europe élargie: de nouveaux espaces de coopération pour la Francophonie et pour une Europe plus forte et plus crédible».

Ce thème a été discuté à travers trois panels: la Francophonie, un acteur global dans les relations internationales, au service de la démocratie; les rapports de la Francophonie, ensemble géopolitique, avec les régions, et les liens régionaux de coopération de l'UE et au sein de l'UE: enjeux pour les États membres de la Francophonie.

Adoption d'une résolution

À l'issue des débats, une résolution a été adoptée dans laquelle les quelque 60 parlementaires participants invitent l'Organisation internationale de la Francophonie (OIF) «à continuer à axer ses interventions sur les droits de l'Homme, l'État de droit, le développement durable et la diversité culturelle» et «à favoriser l'organisation, dans la sphère francophone, de débats d'idées à tous les niveaux de représentation».

Programme d'actions et de coopération

M. Tanguy de Wilde, Professeur à l'Université catholique de Louvain, a présenté le rapport final concernant la formation par visioconférences qui a été organisée au profit de la section moldave, en collaboration avec l'Université d'État de Moldavie. Au vu du bilan très positif, cette expérience va être renouvelée avec une université de la section roumaine.

2. Ordre du jour

Wat den Ordre du jour vun haut ubelaangt, huet d'Presidentekonferenz Folgendes fir dës Woch proposéiert:

Haut de Mëtteg héiere mer fir d'éischt d'Déklaratioun iwwert d'Europa- an d'Aussepolitik vum Här Ausseminister Jean Asselborn. Duerno hu mer d'Resolutioun vum honorabelen Här Goerens iwwert d'Schafe vun enger Spezialkommissioun fir de Suivi vun all den Aspekter vun der Finanzkris. An als leschte Punkt hu mer haut um Ordre du jour de Projet de loi iwwert d'Formation professionnelle.

Muer de Mëtteg um hallwer dräi féiere mer d'Debatt iwwert d'Europa- an d'Aussepolitik. Duerno hu mer dräi Projeten, en Ofkommes mat Frankräich, Däitschland a Lettland iwwert den Austausch vu sougenannte klassifizierten Informationen; an dann nach de Projet de loi iwwert d'wirtschaftlech Diversifikatioun.

En Donneschdeg um hallwer dräi proposéiert d'Presidentekonferenz fir d'éischt de Projet de loi iwwert d'Aide à l'enfance et à la famille; duerno de Projet de loi 5894, eng Ofännerung vum Code civil; de Projet de loi 5770 iwwert de Beruff vum Affekot; an dann nach e Projet de loi, wat en Ofkommes ass mat der Schwäiz géint d'Fraude; a schlussendlech e Projet de loi iwwert d'Ressourcë vun den europäesche Gemeinschaften.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

D'Madame Loschetter huet d'Wuert gefrot. Madame Loschetter, wann ech gelift.

» Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. Mir froen de Projet de loi vum Donneschdeg, Aide à l'enfance et à la famille, vum Ordre du jour erofzehuelen. Ech erklären och firwat.

Mir hu säit der Rentrée parlementaire eis a ganz genau dräi Séancen an der zoustänneger Familljekommissioun domadder beschäftigt. Eng éischte Kéier, wou mer den Avis complémentaire vum Conseil d'État examinéiert hunn an déi noutwendeg Amendementer formuléiert hunn, fir deenen Opposition-formellen entgéintzewierken.

Zwee Deeg duerno hu mer an dārselwechter Chamberskommissioun e Rapport presentéiert kritt an en ass ofgestëmmt ginn. An elo dës Woch steet dee Projet de loi zum Vote.

Mir wëssen awer, datt dee Projet de loi - an déi Diskussioun ass och gefeuert ginn -